| Hubermont Benoit Joseph Nestor Ghislain | Chaves Gomes Maria | 12.08.2017 |
| Rodrigues Da Silva Sérgio Luís | Da Silva Pereira Cátia Andreia | 12.08.2017 |
| Bichler Manuel | Dichter Sandra | 18.08.2017 |
| Bakovic Kabir | Okanović Amina | 26.08.2017 |
| Kauffmann Carlo Gaston | Schmit Tanja | 16.09.2017 |

## Partenariats 2017

| Nom et prénoms | Nom et prénoms | Date du partenariat |
|---|---|---|
| Duarte Fonseca Kevin | Kauffmann Kim Josiane | 17.11.2017 |
| Paulo Martins Felix Fernando | Vias Boas Azevedo Marisa | 04.12.2017 |
| Pereira Lopes Alexandre Artur | Gonçalves da Costa Jessica | 15.12.2017 |
| Goncalves Leite Carlos Manuel | Fernandes Da Vinha Catarina Sofia | 27.12.2017 |

## Décès 2017

| Nom et prénoms | Date Décès |
|---|---|
| Fischer Christiane | 12.03.2017 |
| Kugner Romain | 25.03.2017 |
| Rosato Vincenza | 12.04.2017 |
| Tipper Chantal Henriette Marie | 30.05.2017 |

| Nom et prénoms | Date Décès |
|---|---|
| De Carvalho Morais Lopo Batista | 03.08.2017 |
| Ansay Raymond | 10.11.2017 |
| Lanners Serge Fred | 17.12.2017 |

## Compostion par tranche âge au 01.01.2018

| Tranche d'âge | féminin | masculin | Total |
|---|---|---|---|
| 00-05 | 54 | 68 | 122 |
| 05-10 | 53 | 62 | 115 |
| 10-15 | 54 | 61 | 115 |
| 15-20 | 66 | 63 | 129 |
| 20-25 | 68 | 81 | 149 |
| 25-30 | 66 | 75 | 141 |
| 30-35 | 84 | 90 | 174 |
| 35-40 | 72 | 78 | 150 |
| 40-45 | 87 | 57 | 144 |
| 45-50 | 72 | 83 | 155 |
| 50-55 | 68 | 65 | 133 |

| Tranche d'âge | féminin | masculin | Total |
|---|---|---|---|
| 55-60 | 67 | 75 | 142 |
| 60-65 | 64 | 50 | 114 |
| 65-70 | 42 | 39 | 81 |
| 70-75 | 30 | 38 | 68 |
| 75-80 | 22 | 23 | 45 |
| 80-85 | 17 | 17 | 34 |
| 85-90 | 12 | 9 | 21 |
| 90-95 | 3 | | 3 |
| 95+ | 1 | | 1 |
| **Total** | **1002** | **1034** | **2036** |

## Composition de la population par nationalité au 01.01.2018

| Nationalité | féminin | masculin | Total |
|---|---|---|---|
| algérienne | 2 | | 2 |
| allemande | 12 | 12 | 24 |
| américaine | | 1 | 1 |
| belge | 12 | 10 | 22 |
| bosnienne | 4 | 3 | 7 |
| britannique | 2 | | 2 |
| bulgare | 2 | 1 | 3 |
| camerounaise | 1 | | 1 |
| cap-verdienne | 14 | 8 | 22 |
| chinoise | 3 | 4 | 7 |
| croate | 3 | | 3 |
| danoise | 1 | 3 | 4 |
| espagnole | 7 | 5 | 12 |
| finlandaise | 3 | 1 | 4 |
| française | 13 | 14 | 27 |
| irakienne | 1 | 3 | 4 |
| iranienne | 1 | 2 | 3 |
| italienne | 12 | 18 | 30 |
| kosovare | | 1 | 1 |
| lettonne | 3 | | 3 |

| Nationalité | féminin | masculin | Total |
|---|---|---|---|
| luxembourgeoise | 562 | 619 | 1181 |
| marocaine | 1 | | 1 |
| mexicaine | 2 | | 2 |
| monténégrine | 16 | 9 | 25 |
| néerlandaise | 11 | 6 | 17 |
| polonaise | 2 | 1 | 3 |
| portugaise | 284 | 290 | 574 |
| roumaine | 6 | 3 | 9 |
| russe | 2 | | 2 |
| serb. + monténégrine | 2 | 2 | 4 |
| serbe | 7 | 9 | 16 |
| slovène | 1 | 1 | 2 |
| suédoise | 1 | 2 | 3 |
| suisse | | 2 | 2 |
| thaïlandaise | 3 | | 3 |
| tunisienne | | 1 | 1 |
| ukrainienne | 4 | 2 | 6 |
| yougoslave | 2 | 1 | 3 |
| **Total** | **1002** | **1034** | **2036** |

## Composition de la population par état civil au 01.01.2018

| Etat Civil | féminin | masculin | Total |
|---|---|---|---|
| Célibataires | 440 | 541 | 981 |
| Divorcés | 82 | 59 | 141 |
| Mariés | 413 | 410 | 823 |

| Etat Civil | féminin | masculin | Total |
|---|---|---|---|
| Séparés | 3 | 5 | 8 |
| Veufs | 64 | 19 | 83 |
| **Total** | **1002** | **1034** | **2036** |

# Projeten am Laf vum Joer 2018

## Aussiichtspunkt :

Den Aussiichtspunkt gouf 2017 duerch Brandstëftung schwéier beschiedegt. Dëse soll soubal d'Wieder nom Wanter et zouléisst (viraussiichtlech viru Mëtt Abrëll) e komplett neien Buede duerch d'Schräinerei Nilles vu Welsduerf kréien. Un de Gesamtkäschte vun 5.596,11 Euro bedeelegt sech d'Assurance vun der Gemeng mat 2.513,62 Euro.

## Dépoten beim Alen Atelier :

D'Firma CMAttert vu Béiwen krut d'Commande fir d'Dépoten beim Alen Atelier mat Paarten auszerëschten an d'Wänn mat Wellblech identesch zum Alen Atelier ze verkleeden. Ausserdeem soll den Daach erneiert ginn (inklusiv Antikondensbeschichtung). Sou ass garantéiert, datt mir hei en dréchene Stockage fir Material kréien. D'Aarbechten hunn Enn Mäerz ugefaang. D'Gesamtkäschte belafen sech op 20.784,11 Euro.

## Gabione bei der Schoul :

D' Gabione bei der Schoul goufen Ufank Mäerz mat engem neie Grillage duerch d'Entreprise Osch vun Veianen verkleet, nodeems et widderhuelt zu Material- a Kierperschied komm ass, well mat Steng aus de Gabione gehäit ginn ass. De neien Grillage verhënnert, datt ee Steng aus de Gabionen kritt. D'Gesamtkäschte vun dëser Norëschtung belafe sech op 14.496,16 Euro.

## Kierchenauer

Déi lescht Joere goufen et ëmmer erëm Problemer mat eisen 3 Kierchenaueren. D'Beliichtung huet net méi richteg funktionéiert, op d'Aueren konnt ee sech net méi verloossen. Déi 3 Auere goufen iwwert een eenzege Motor ugedriwwen an d'Kraaft iwwert eng sëllechen Zännrieder verdeelt. Déi Zännrieder an déi dorunner verbonne Mechanik huet wéinst dem Verschläiss iwwert d'Joeren awer leider net méi richteg funktionéiert. Fir déi stänneg Reparaturen ze vermeiden, krut d'Entreprise R. Welter & Fils vun Aasselbur d'Commande fir d'Aueren definitiv ze flécken. All Auer krut nei (a méi liicht) Zeiger an eng adequat Beliichtung. Ausserdeem gëtt elo all Auer vun engem eenzele Motor bedriwwen, deen direkt mam Zeiger verbonnen ass. D'Aarbechte goufen Enn Mäerz duerchgefouert a kaschten 9.789,39 Euro.



## Mise en conformité vum Parking Mohr

De provisoresche Parking « Mohr » op dem Gemengenterrain nieft der Kierch gëtt vum Public gutt ugeholl. Wéinst dem villen Trafic op dësem Parking, gouf op Wonsch vun der Ponts et Chaussées Dikrech, Mëtt Mäerz eng Mise en conformité virgeholl. D'Zil ass et, d'Foussgänger nach besser ze schützen. Sou ass den Trottoir an den Zebrasträifen an Zukunft duerch eng fest Cloture vum Parking ofgetrennt an et gëtt just nach eng 6 Meter breet An- an Ausfaart. Bei dësen Aarbechte gouf d'Gemeng duerch d'Entreprise Heirens Constructions ënnerstëtzt.



## Erneierung vum Buedem an der Sportshal

De Buedem an der Sportshal gouf virun 22 Joer verluecht. An de leschte Joeren huet dëse Sportsbuedem ugefaange Blosen ze geheien an d'Gemeng huet d'Entscheedung geholl, dëse Buedem z'erneieren. Et gouf décidéiert, e gelenkschounende Schwingboden aus Parquet ze verleeën. Den Ingenieursbüro Daedalus begleet déi Aarbechten, déi vu Juni bis September sollen ausgefouert ginn. Et ass ee Budget vun 390.000 € virgesinn.

## Mise en conformité an d'Erweiderungen vun de Spillplazen

Bis Ufank 2018 goufen all d'Spillplazen am Duerf ausgebessert a mir kruten duerfir vun der Luxcontrol fir all eis Spillplazen de Label „Sécher Spillplaz". D'Gemeng wëll och an Zukunft weider verstäerkt an d'Spillplazen investéieren. Sou gouf d'Spillplaz am Schoulhaff Ufank 2018 duerch e Balancéierspill duerch d'Firma Createch erweidert. D'Käschten dofir hunn sech op 5.896,80 Euro belaf. Ufank Abrëll gëtt ausserdeem e weidere Spilltuerm am Spillschoulshaff duerch de Gemengesyndikat CIGR opgeriicht. D'Materialkäschten heifir belafe sech op 14.350,05 Euro.



Feldwee hannert der Cité Peteschfeld



Gabione bei der Schoul



Kierchenauer



Chantier Rue Jean-Pierre Schuster



Dépoten beim Alen Atelier



M-Box an der Rue de la gare



Luuchten um neien syntheteschen Fussballterrain

## Luuchten um neien syntheteschen Fussballterrain

De synthetesche Fussballterrain gouf am September 2017 fäerdeggestallt. Bei der Abnam duerch d'FLF ass festgestallt ginn, datt d'Luuchten ronderëm den Terrain net méi déi aktuellsten Normen an punkto Beliichtung respektéiere géifen. Fir dëse Problem ze behiewen, krut d'Entreprise Kaufmann-Biesen vun Schandel den Optrag op all Beliichtungsmast ee weideren LED-Spot opzehänken. D'Aarbechte goufen Ufank Abrëll ofgeschloss an hunn 18.661,50 Euro kascht.

## Feldwee hannert der Cité Peteschfeld

Säit Joeren ass de Feldwee laanscht d'Kiselbaach, deen un den Rond-Point an der Cité Peteschfeld uschléisst, an engem ganz schlechten Zoustand. D'Gleiser sinn esou déif, datt de Wee mat engem Auto net méi befuerbar ass a reegelméisseg ass d'Cité Peteschfeld mat Bulli bedreckst. D'Gemeng huet decidéiert, dëse Summer dëse Wee z'erneieren. Am Budget goufen heifir 30.000 festgesat. Momentan lafe Vermiessungsaarbechten duerch de Kadaster op dësem Wee.

## Annexe vum Gemengenhaus

Et ass geplangt, datt d'Aarbechten un der neier Annexe vun der Gemeng bis Juli 2018 sollen ofgeschloss ginn. D'Beamte vun der Gemeng sollen dann an d'Annexe plënnere fir datt och d'Bestandsgebai kann deelweis sanéiert ginn. An der Annexe goufen Ufank 2018 déi lescht Fënsteren agesat an den Daach fäerdeg isoléiert an ofgedicht. No de Sanitär- an Elektroaarbechten, goufe Mëtt Mäerz d'Chappe gemaach. Folgend Aarbechte stinn elo nach un: d'Bannenschräinerei, d'Buedembeleeg, d'Fassad, de Lift, d'Schlässerei, den Ustrach an d'Fäerdegstellung vun de Baussenanlagen. De komplette Käschtepunkt vun der Extensioun vun der Gemeng beleeft sech op 2.700.000 Euro.

## Chantier Rue Jean-Pierre Schuster

An der Rue Jean-Pierre Schuster goufen d'Aarbechten tëscht dem Haus 19, rue Jean-Pierre Schuster an der Kräizung Rue Lehberg bis Ufank Abrëll fäerdeggestallt (bis op den Endbelag an déi nei Luuchten). Och déi nei Gasleitung gouf vum Haus 19, rue Jean-Pierre Schuster bis erop bei d'Haus 17, rue Lehberg eropgezunn. De Planning gesäit elo vir, d'Aarbechten tëscht der Route de Luxembourg an dem Haus 19, rue Jean-Pierre Schuster bis de Congé collectif fäerdeg ze stellen. D'Gesamtkäschte vum Chantier belafen sech op 600.000 Euro an gi vun der Firma Jabepka vu Wäisswampech ausgefouert.



**Erneierung vum Foussgängerwee am Park**

## M-Box an der Rue de la gare

Enn 2017 gouf d'M-Box an der Rue de la gare opgestallt. Dës M-Box goung Ufank 2018 an Betrib a gouf duerch d'CFL finanzéiert. Dës M-Box bitt Plaz fir 16 Vëloen. Dëst ass, no Colmar-Bréck, déi zweeten M-Box an der Gemeng.

## Erneierung vum Foussgängerwee am Park hannert der Kierch

D'Gemeng huet beschloss, de befestegte Wee inklusiv den Trapen am Park hannert der Kierch z' erneieren. Dëse Wee soll nach virum Summer 2018 fäerdeggestallt ginn. D'Entreprise Heirens këmmert sech ëm den Déifbau. Et ginn och Virbereedunge getraff fir d'Beliichtung laanscht dëse Wee z' erneieren an op LED ëmzestellen. Et goufe fir déi Gesamtaarbechten 75.000 Euro am Budget festgehalen.

## Parking bei der Schoul

Momentan lafen d'Virbereedungen fir e weidere Chantier bei der Schoul. D'Gemeng plangt bei der Schoul en zousätzlechen Parking fir de Verkéier an der Rue Cité St. Blaise z'entschäerfen. Dëse Parking soll viraussiichtlech laanscht den Accès vun der Route de Stegen bei d'Schoul geschaf ginn. D'Aarbechten sollen an der Summervakanz 2018 ausgefouert ginn.

## Bëschaarbechten „Ënner Buchels"

Am Fréijoer 2018 huet de Fierschter an seng Ekipp„Ënner Buchels" ugefaangen eng gréisser Coupe duerchzeféieren. Heen huet dobäi och all d'Buche laanscht de Feldwee, dee vum Léihbierg op d'Route de Stegen féiert, op hir Gesondheet a Standfestegkeet gepréift. Dësen Wee gëtt nämlech vu ville Leit genotzt fir spadséieren ze goen an do waren an der leschte puer Beem ëmgefall. Aus Sécherheetsgrënn goufen duerfir eng Partie Buchen ëmgemaach, déi dës Préifung net bestanen hunn. Wichteg war dobäi virun allem, d'Beem ëmzemaachen ier déi hir éischt Blieder kréien an domadder riskéiert hätten ënnert hirem eegenen Gewiicht ëmzefalen.

*Fir d'Gemeng Schieren,*
*Michel Pütz, Ingénieur diplômé, Service technique*

# Baugenehmigungen 2017

| Numéro | Date d'autorisation | Maître d'ouvrage | Localisation de la construction | Objet |
|---|---|---|---|---|
| 01-17 | 20.01.2017 | Famille Perreira de Carvalho Viana | 61, route de Luxembourg L-9125 Schieren | Création d'un logement (appartement) et de 2 emplacements de stationnement |
| 02-17 | 16.02.2017 | Messieurs Goerens Claude et Romain | 143-145, rte de Luxbg L-9125 Schieren | démolition des deux maisons et annexes |
| 03-17 | 16.02.2017 | Weiler Romain | Route de Luxembourg L-9125 Schieren | Extension des réseaux d'infrastructures |
| 04-17 | 16.02.2017 | ORLU S.C.I. | 5, rue des Jardins L-9123 Schieren | Rénovation d'une maison unifamiliale et nouvelle construction d'une maison unifamiliale |
| 05-17 | 16.02.2017 | Bartholmé Alain | 7, Beim Baseng L-9137 Schieren | Construction d'une maison unifamiliale |
| 06-17 | 24.03.2017 | Monsieur Roth Roland | 5, rue Alphone Peusch L-9128 Schieren | Création d'un logement (appartement) et construction d'un mur de soutènement |
| 07-17 | 24.03.2017 | Monsieur Marc Kremer | 22, Enner den Thermen L-9137 Schieren | Installation d'une pergola |
| 08-17 | 24.03.2017 | Monsieur Joao Antonio Afonso Martin | 2, Cité Peteschfeld L-9118 Schieren | Rehaussement d'un mur de soutènement longeant cours d'eau „Kiselbaach" sur une longueur d'environ 25 mètres |
| 09-17 | 24.03.2017 | Monsieur Van Dyck Gilles | 2, Montée de Nommern L-9127 Schieren | Installation d'une marquise sur une terrasse |
| 10-17 | 24.03.2017 | Monsieur Heirens Robert 8, rue des Noyers L-7594 Beringen | 19, route de Cruchten L-7738 Colmar-Berg | Construction de halls artisanaux avec bureaux et aménagement d'un parking |
| 11-17 | 10.04.2017 | Madame Ana Freire | 63, route de Luxembourg L-9125 Schieren | Aménagement d'une terrasse et d'un emplacement de parking |
| 12-17 | 10.04.2017 | Monsieur José Figueiredo Silva | 1, rue Pilate L-9129 Schieren | Installation d'un échafaudage et renouvellement de la façade, de la toiture et des fenêtres |
| 13-17 | 10.04.2017 | Monsieur Fernando De Oliveira Pinho | 8, rue des Vergers L-9134 Schieren | Construction d'une terrasse en bois |
| 14-17 | 10.04.2017 | Madame Monika Willems | 131, route de Luxembourg L-9125 Schieren | Démolition d'un abris de jardin en béton et reconstruction de l'abris de jardin en bois |
| 15-17 | 10.04.2017 | Monsieur Paul Bartholmy 30, rue du Centre L-3960 Ehlange-sur-Messe | 5, Beim Baseng L-9137 Schieren | Construction d'un mur de soutènement |
| 16-17 | 14.04.2017 | Monsieur Jean-Paul Feinen | 16, rue J.-P. Schuster L-9131 Schieren | Construction d'un abris de jardin |
| 17-17 | 28.04.2017 | AC Schieren 90, route de Luxembourg L-9125 Schieren | 72, route de Luxembourg L-9125 Schieren | Démolition d'une maison et de ses annnexes |
| 18-17 | 05.05.2017 | B.M. Location S.à r.l. 97, rue Michel Rodange L-4306 Esch-Alzette | 122, route de Luxembourg L-9125 Schieren | Construction d'une résidence à 12 appartements |
| 19-17 | 17.05.2017 | PPS. S.a. 44, rue de Vianden L-2680 Luxembourg | 143, route de Luxembourg L-9125 Schieren | Construction d'une résidence avec 12 appartements et surfaces de bureaux |
| 20-17 | 17.05.2017 | C.D.P. s.a. 12, rue de la gare L-7535 Mersch | 86, route de Luxembourg L-9125 Schieren | Construction d'une résidence à 20 appartements et 3 maisons individuelles |
| 21-17 | 19.05.2017 | Madame Reiser Jessica | 16, route de Stegen L-9133 Schieren | Démolition et reconstruction d'un mur de soutènement |
| 22-17 | 19.05.2017 | Monsieur Jung Patrick | 34, Neie Wee L-9132 Schieren | Construction d'un abri de jardin |

| Numéro | Date d'autorisation | Maître d'ouvrage | Localisation de la construction | Objet |
|---|---|---|---|---|
| 23-17 | 07.06.2017 | Bertemes Marcel<br>16, Neie Wee L-9132 Schieren | Neie Wee L-9132<br>1276/5168 | Construction d'une annexe à une étable |
| 24-17 | 07.06.2017 | Staes Serge 61, route d'Arlon<br>L-8310 Capellen | Rue de Cruchten<br>925/3924 | Pose d'un sparateur de grais et reservoir de 15,000 l |
| 25-17 | 07.06.2017 | Cardoso Claro Jorge | 9, rue Verte<br>L-9135 Schieren | Installation de lucarnes sur toiture |
| 26-17 | 07.06.2017 | Giulioni-Reding | 1, Cité St. Blaise<br>L-9117 Schieren | Transformation de la toiture |
| 27-17 | 07.07.2017 | Kirch Lucien | 43, Enner den Thermen<br>L-9137 Schieren | Création d'un logement (appartement) |
| 28-17 | 07.07.2017 | Marques Da Cruz Tiago | 13, rue Lehberg<br>L-9124 Schieren | Renouvellement de la façade et des fenêtres, Installation d'un échaffaudage, création d'un emplacement de stationnement et construction d'une couverture au-dessus de l'entrée |
| 29-17 | 07.07.2017 | Goerens-Kettel Emile<br>5, rue Verte L-9135 Schieren | 104, route de Luxembourg<br>L-9125 Schieren | Démolition des annexes de la maison 104, route de Luxembourg |
| 30-17 | 19.07.2017 | Lanter Christiane | 22, rue du X septembre<br>L-9132 Schieren | Construction d'une annexe |
| 31-17 | 19.07.2017 | CFL 9, place de la gare<br>L-1616 Luxembourg | Rue de la Gare 1036/4594 | Installation d'une M-Box mobile |
| 32-17 | 19.07.2017 | Kill Laurent | 9, route de Stegen<br>L-9133 Schieren | Construction d'un local vélo/poubelles |
| 33-17 | 26.07.2017 | Nilles Myriam et Jessica<br>32, Neie Wee L-9132 Schieren | 5, rue de la Gare<br>L-9122 Schieren | Construction d'une résidence avec 6 appartements et 2 commerces |
| 34-17 | 04.08.2017 | Brito Lopes Paulo 5, rue Lehberg L-9124 Schieren | 5, rue Lehberg<br>L-9124 Schieren | Construction d'un mur, Installation d'une clôture et création d'un emplacement de parking |
| 35-17 | 25.08.2017 | IMMOKO PROMOTION IMMOBILIERE s.à r.l. 4, rue Michel Horman<br>L-6449 Echternach | 8-10, route de Stegen<br>L-9133 Schieren | Construction d'une résidence avec 8 appartements |
| 36-17 | 13.09.2017 | PESCHEUX DE SOUSA 19A, route de Stegen L-9133 Schieren | 19A, route de Stegen<br>L-9133 Schieren | Installation de deux fenêtres type „Velux" |
| 37-17 | 11.10.2017 | Famille Petitjean-Dillmann<br>11, rue de Dublin L-8224 Mamer | 5, an de Wieschen<br>L-9137 Schieren | Construction d'une maison unifamiliale |
| 38-17 | 20.10.2017 | Rodrigues-Marinho Carole | 1, rue des Jardins<br>L-9123 Schieren | Transformation d'une maison unifamiliale |
| 39-17 | 07.11.2017 | A.T.P asbl | 17, rue de la gare<br>L-9122 Schieren | Construction d'une terrasse en métal |
| 40-17 | 07.11.2017 | Famille Simon | 14, rue Verte<br>L-9135 Schieren | Transformation d'une maison unifamiliale |
| 41-17 | 07.11.2017 | Madame Domingues Afonso Rosa | 5, rue du Ruisseau<br>L-9130 Schieren | Rénovation d'une maison unifamiliale |
| 42-17 | 22.11.2017 | Monsieur Wickler Georges | 12, op der Schlaed<br>L-9131 Schieren | Construction d'un carpot avec auvent |
| 43-17 | 22.11.2017 | WPS Promotion | 1, op der Schlaed<br>L-9131 Schieren | Construction d'une résidence à 8 appartements |
| 44-17 | 01.12.2017 | Famille Bous | 33, route de Luxembourg<br>L-9125 Schieren | Création d'un cabinet de kinésithérapie dans une maison unifamiliale |

## Informations pratiques :

| Tél. Commune | 812668 |
|---|---|
| Secretariat / Etat Civil | 812668 – 50 |
| Bureau de la Population | 812668 – 54 |
| Recette | 812668 – 51 |
| Service Technique | 812668 – 52 |

| heures d'ouverture : | |
|---|---|
| lundi | 8 h 00 - 11 h 30 |
| Mardi et mercredi | 8 h 00 - 11 h 30 et 13 h 30 - 17 h 30 |
| Jeudi | fermé |
| vendredi | 8 h 00 - 11 h 30 |

### Informations pratiques

| | |
|---|---|
| Maison médicale | 26 81 11 95 |
| Crèche Bim Bam | 26 80 57 90 |
| Maison relais | 81 70 53 60 |
| Ecole fondamentale | 81 70 53 60 |
| Hall sportif | 81 16 27 |

| | |
|---|---|
| Paroisse (Ettelbruck) | 81 64 61-1 |
| Hôpital Ettelbruck | 81 66 1 |
| Pompiers | 81 79 71 |
| Police | 24 48 42 00 |

| | |
|---|---|
| **Appel d'urgence** (Ambulance, Sapeurs-Pompiers, Protection civile + Gardes : pharmacies, Hôpitaux, Médecins) | **113** |
| **Appel d'urgence police grand ducale :** | **112** |

## Ee klenge Message vun der neier Louis-Kommissioun

### Léif Allegeurten,

wéi der gesitt, huet de Louis vun dëser Ausgab un en neie „Look“ an och eng nei Ekipp, déi sech ëm d'Ausschaffen an d'Zesummesetze këmmert.

Des Ekipp besteet aus dem Guy Berwick, Mil Goerens, Tessy Kries, Daniel Pechon, Eric Thill an dem Varela Mata Marcelo.

Wann dir Iddien oder Virschléi hutt, déi zur Verbesserung vun eiser Duerfzeitung bäidroe kéinten, zéckt net, fir Iech bei eis ze mellen (contact@schieren.lu).

Och wann dir en Artikel am Louis publizéire wëllt, kënnt dir Iech bei eis mellen, da kritt dir weider Informatiounen.

*Villmools Merci fir Är Mataarbecht.*

## Ronn Gebuertsdeeg am Joer 2017

Traditionnel ginn déi Leit, di 80, 85, 90 Joer feieren, vun der Gemeng geéiert.

Mir vum Louis vervollstännegen dës Éierung mat engem Interview, beschränken eis awer op déi Leit déi nach hei zu Schieren wunnen, an 80 oder 90 Joer feieren.

Dëst Joer war keen derbäi deen der 90 krut.

Mir gratuléieren awer grad sou härzlech deene ale Schierener déi hire Liewensowend an engem Alters- oder Fleegeheem verbréngen: dem Margot Streitz fir 80 Joer an dem Jean Berwick fir 85 Joer.

Fir 85 Joer gratuléieren mir nach dem Marguerite Hansen, dem Schmitz Arnold, dem Schmit Joséphine, dem Anne Miller an dem Alfred Lanter.

Mir hun och e Gedanken un d'Madame Claudine de Broqueville, déi d'lescht Joer hir 95 gefeiert huet, eis awer leider Uganks dëses Joer fir éiweg verlooss huet.

Schliisslech gratuléiere mer awer och nach deene Leit di keen Interview wollten gin: dem Armand Bauler, Rolli Schneider-Muller, Linkels-Kolbach Anita an Jules Wagner.

## Nora Mons-Schiltz



Gebuer gouf d'Nora den 18. Juni 1937 zu Ettelbréck als jengst vun 2 Kanner. Dem Nora säi Brudder Roby war 3 Joer méi al wéi d'Nora, an ass leider schonn 1989 verstuerwen.

Seng Primärschoul huet d'Nora zu Ettelbréck gemaach an hatt ass duerno an d'Pensionnat Ste Anne gaangen. Duerno huet hatt eng Léier gemaach als vendeuse bei Mühlen-Knaaf, engem Parzeläinsbuttek vis-à-vis vum Pensionnat. No der Léier ass d'Nora 1 Joer op Bréissel an eng Famill gaang fir do op 3 Kanner opzepassen an niewebäi wollt hatt och onbedéngt Franséisch léieren.

No Bréissel ass d'Rees fir ee Joer an England gaangen fir do an enger Famill op d'Kanner opzepassen an hei huet hatt dunn och konnten Englesch léieren. Leider (fir d'Famill a Gottseidank fir den Monse Jang) ass d'Famill dunn an Amerika geplënnert, a well d'Nora réischt 17 Joer hat, huet hatt missen zréck op Lëtzebuerg kommen.

Hei huet d'Nora dunn eng ganz Rëtsch Joeren an der Stad am „Grand Magasin du Passage" als vendeuse geschafft.

Bestuet gouf d'Nora den 12. September 1959 zu Ettelbréck mam Jang Mons vu Schieren a si hunn am Ufank zu Ettelbréck gewunnt bis hiert Haus zu Schieren färdeg war.

Zanter dem 15. Juli 1963 wunne si am Kéiwee.

D'Famill guff dunn duerch d'Gebuert vun hire Meedercher Danielle an Martine komplett.

E schwéieren Schicksalsschlag huet si den 27. Februar 2001 getraff wéi d'Martine no enger onbaarmhäerzeger Krankheet gestuerwen ass. Di 3 Enkelkanner Lynn, Ben an Max hunn dem Nora do sécher iwer vill schwéier Stonne gehollef.

D'Nora ass haut nach frou wann et se alleguerten ëm sech huet an dat traditionnelt Kachen fir d'Famill all Donneschdeg ass e festen Bestanddeel vu sengem Liewen.

Am Veräinsliewen zu Schieren war d'Nora ëmmer präsent wann et geheescht huet eng Hand mat unzepaken, och wann hatt nie an engem Veräin am Comité aktiv war.

Zäitliewens hat d'Nora ëmmer vill Hobbyen, sou huet hatt a jonke Joeren zu Ettelbréck an och hei zu Schieren Tennis gespillt. Och an d'Vakanz fueren ass en Deel vun sengem Liewen an am léifste fiert d'Nora a Südtirol an an d'Schwäiz.

Och bei ville Busreese waren a sinn den Jang an d'Nora derbäi.

Haut fiert hatt nach ëmmer gären mat der ganzer Famill an d'Schivakanz, och wann an der Tëschenzäit d'Schi mat den Wanderschung getosch goufen.

Säi léifsten Hobby war an ass nach ëmmer d'Schwammen, wou kaum eng Geleeënheet ausgelooss gëtt fir deem Hobby nozegoen.

## Doris Reyland-Seibert



Gebuer gouf si den 10. Dezember 1937 zu Berlin. Hiren eenzege Brudder koum 17 Joer méi spéit (1954) op d'Welt. Hie schafft als Jurist a schreift Gesetzestexter fir déi däitsch Regierung.

Mat 4 Joer huet si missen aus dem zerbommte Berlin flüchten an ass iwwert Baden-Baden, Hamm a Westfalen schliisslech op Karlsruhe komm. Well d'Mamm huet missen an der Woch schaffen, huet si d'Woch a verschiddene Kannerheemer verbruecht.

Nom Krich huet de Papp Claus als Bundesrichter um Bundesgerichtshof zu Karlsruhe geschafft. Hir Mamm Edith war Molerin. Do ass si dunn och weider an d'Schoul gaang an huet eng Ausbildung als MTA (medizinesch-technesch Assistentin) gemaach. Nach an där Ausbildung huet si hire Mann kennegeléiert an huet dowéinst och ni an hirem geléierte Beruff geschafft.

Den Dr. Philipp Reyland hat seng Studien zu München ugefaangen an huet dunn awer als Lëtzebuerger seng Studien an Däitschland ofbriechen missen a gouf dunn zwangsrekrutéiert. Nom Krich huet hien seng Studien zu Paräis nees opgeholl, huet awer seng Zäit als Assistenz-Dokter am Elsass a spéider zu Karlsruhe verbruecht, wou en da seng Fra kennegeléiert an 1961 och bestuet huet.

Hien huet och gläich eng Ustellung an der Ettelbrécker Klinik St Louis kritt. Well déi awer dunn nach net fäerdeg war, hu si fir d'éischt nach zu Anweiler an och zu Zweebrécken gelieft, wou 1962 hier Duechter Nicole gebuer gouf.

Du koume si op Ettelbréck an hunn och direkt vis-à-vis vun der Klinik gewunnt. 1963 an 1965 koumen hir 2 Jongen, Roby an Laurent zu Lëtzebuerg op d'Welt. 1973 plënnert d'Famill an d'Villa op 44, rue des Alliés, och zu Ettelbréck.

Am Joer 1991 schliisslech si si op Schieren op 3 an der Haaptstrooss wunne komm, wou den Dr. Reyland och nach bis zum Schluss vu sengem Beruffsliewen seng Praxis hat. Hien ass dunn den 29. November 2005 verstuerwen.

Haut sinn 5 Enkelkanner der Bomi hire ganzen Stolz.

Si war och ëmmer ganz aktiv an hirem Liewen an huet zum Beispill vill Tennis gespillt, réischt mat 61 Joer huet se d'Raquette ewech geluecht. Och an der Palette zu Dikrech war si ganz aktiv an huet hier kënschtleresch Oder am léifsten a Biller ausgedréckt. Virun allem Blummemotiver haten hir et ugedoen.

Do dernieft war se och nach an de Femmes libérales, manner fir Politik ze maachen, mä méi vir kënnen ze reesen wat se leidenschaftlech gär gemaach huet.

Ausser de Reesen mat de Veräiner huet si schrecklech gär och privat d'Welt entdeckt. Nieft praktesch alle flotte Plazen an Europa huet si nach Länner a Stied wéi China, Indien, Libanon, Tunesien, Ägypten, Israel, Usbekistan an d'Seidestrooss oder nach New York oder Moskau nieft villen anere gesinn.

Muséeën, Ausstellungen, Concerten an Balleten hu si do ëmmer nees konnte begeeschteren.

Mam Alter huet dat natierlech nogelooss a si freet sech haut immens iwwert de praktesch deegleche Kontakt mat de Kanner, vun Zäit zu Zäit an de Cape ze goen, ze liesen an Kreuzworträtselen ze maachen, a regelméisseg Mëttes mat den Kanner op de Besuch am Restaurant.



# Aly Nickels



Gebuer gouf den Aly den 13.Mäerz 1937 zu Kauneref (Kaundorf) an der heiteger Stauseegemeng, als zweetjéngste vun am ganzen 9 Kanner. Den Aly hat 6 Bridder an 2 Schwësteren, dovunner liewen haut leider nach just 2 Bridder.

Seng Kannerzeit war gezeechent vum Krich. Eng Zeen ass bei him hänke bliwwen, wéi wann et gëschter gewiescht wier: am Alter vun 3 Joer war op eemol hell Opregung bei deenen Erwuessenen, wéi et beim Gromperesetzen um Feld geheescht huet: d'Preise sinn do.

1943 ass den Aly an d'Primärschoul gaangen … awer just fir ee Joer well dunn duerch d'Ardennenoffensiv vum Schluss vun 1944 bis zum Enn vum Krich keng Schoul méi ofgehal ginn ass.

Vill Zäit ass am Keller verbruecht ginn, wa ronderëm de Krich getroost huet. Am Ufank ware se bei sech am Keller, mat enger Nopeschfamill zesummen, bis eng Granat bei hinnen am Haus ageschloen huet. Duerch e klengt Lach si si duerno aus dem Keller gekroch an hu missen feststellen, dass di ganz hënnescht Mauer vum Haus agefall war.

Duerno si si en etlech Deeg an engem Nopeschkeller ënnerkomm. Well do sou vill Leit zesumme waren, war knapps Platz do, an d'Männer hu souguer missen an de Kellertrapen am Sëtze schlofen.

Gottseidank huet de Papp, deen als Schreiner, Zammermann a Woner geschafft huet, d'Mauer provisoresch gefléckt kritt,soudass se rëm konnten, nodeems d'Amerikaner d'Duerf eruewert haten, zréck an hiert Haus goen, well keng Granate méi gefall sinn.

Wéi d'Amerikaner bis am Duerf waren, hunn déi hire Quartéier am Papp sengem Aelier opgeschloen, fir den Aly eng vill méi schéin Erënnerung … hien ass mat Schockela a mat dem éischte Knätschgummi a sengem Liewen verwinnt ginn. D'Amerikaner haten och ëmmer Iesssachen a Bechsen derbäi di si net gepackt hun … an souguer am Jeep huet hien däerfen matfueren.

Nom Krich ass den Aly rëm weider an d'Schoul gaangen, de Klassesall war am Theatersall, well d'Schoul komplett futti war.

Duerno ass den Aly nach 2 Joer laang op Wolz an d'Oberprimärschoul gaang. All Dag huet hien déi Streck mam Velo hannert sech bruecht … Gottseidank hat de Velo 3 Iwwersetzungen!!!

Mat 16 Joer huet den Aly dem Papp am Betrieb

gehollef an ass do am léifsten op den Diecher ronderëm geturnt.

Duerno huet hien 13 Méint sein obligatoresche Militärdéngscht gemaach. Well hie just virdrun den Examen fir bei d'Eisebunn gepackt hat, konnt hien dohinner schaffe goen.

Do war hien am Zuchpersonal zu Péiteng ugestallt, duerno waren seng Etappen: d'Stad Lëtzebuerg, zréck op Péiteng, rëm zréck an Stad bis hie schliisslech 1965 op Ettelbréck komm ass.

Do huet hien joerelaang beim Zuchpersonal geschafft, wou all Dag praktesch eng aner Schicht gemaach ginn ass. Zu all méiglechen Zäiten huet missen ugefaangen ginn ze schaffen. Di lescht Joeren huet hien, no enger Réckenoperatioun, an der Stad nach e puer Joer 3 Schichte geschafft.

Bestuet gouf den Aly den 31. Oktober 1968 mat engem Wëlzer Meedchen, dem Marianne Weisgerber.

Zanter 1970 wunne si an hirem Haus op der Steenerstrooss hei zu Schieren. D'Famill gouf mam Carlo, Nadine an dem Guy komplett, an haut ass den Aly stolzen Bopi vun 8 Enkelkanner.

Och am Veräinsliewen zu Schieren war den Aly aktiv, eng kuerz Zäit am Gesank an awer virun allem ronn 24 Joer am Comité vun der Musek … witzegerweis ouni jeemools een Instrument gespillt ze hunn.

Haut ass dem Aly säi gréissten Hobby den Gaart, all Woch geet hie mat senger Frau 2 Mol Nordic Walking maachen an och d'Parti Keelen all 14 Deeg wëllt hien net mëssen … a mat 8 Enkelkanner gëtt him d'Zäit ni laang.

# Cérémonie commémorative

## Hommage aux victimes de la Seconde Guerre mondiale.

Cette journée salue la solidarité et le courage du peuple luxembourgeois pendant l'occupation nazie et invite les habitants à se rappeler des victimes de la Seconde Guerre mondiale. Sans oublier les souffrances endurées par la population de la commune durant cette période noire de notre histoire.

A cette occasion, une cérémonie était prévue au monument situé devant l'église.

Schieren a été libérée une première fois le 10 septembre 1944 avant d'être réoccupée brièvement lors de la bataille des Ardennes en décembre 1944 – janvier 1945.

## Dépôt de fleurs

Des couronnes de fleurs ont été déposées au monument commémoratif situé devant l'église par les autorités communales en présence des représentants des pompiers, de la musique et des autorités religieuses ainsi qu'une délégation ‚des Enrolés de force' et d'habitants du village.

## Sonnerie aux morts

En fin de commémoration, une Sonnerie aux Morts a été interprétée par Joe Kayser de la Schierener Musek.







## Kannerwonschbam 2017

De Kannerwonschbam ass eng gemeinsam Solidaritéitsaktioun vun den Nordstad-Gemengen. Den Zweck vun der Aktioun ass et, Kanner bis 12 Joer aus Familljen déi net sou gutt gestallt sinn, e Kadoswonsch fir Chrëschtdag z'erfëllen. D'Kanner kruten am Office Social zu Ettelbréck e Stär op dee si hire Kadoswonsch schreiwen duerften, dëst Joer huet de Wonsch am Wäert vu maximal 50 € dierfte sinn. Viraussetzung fir vun dëser Aktioun kënnen ze profitéiren ass, dass d'Famill muss eng Solidaritéitsprime am Joer 2016 kritt hunn. Dat Ganzt leeft dann och anonym of, sou datt op dem Stär just eng Nummer steet.

D'Kanner hu 14 Stären bis den 8. Dezember op den Chrëschtbeemchen opgehang, deen am Wartesall vun der Schierener Gemeng stung. Vum 13. November bis den 8. Dezember konnten dunn d'Leit, déi dës Aktioun ënnerstëtze wollten, sech e Stär raussichen an de Kado kafen goen fir en dann op der Gemeng ofzeginn. Vum 18. Dezember u konnten d'Kanner hire Kado op d'Gemeng siche kommen, a si hu sech alleguerten richteg gefreet.





# De Biber



De Biber ass zu Schieren bei der Uelzecht ukomm. Hie steet zanter Joren ënnert Naturschutz, well hien europawäit ausgerott gi war. Fréier ass de Biber wéinst sengem Pelz a sengem Fleesch gejot ginn. Duerch Renaturéierungsmoossname konnt de Bestand sech nees gutt erhuelen, wat dozou geféiert huet, dass nees méi Biberen an eise Géigenden opdauchen.

De Biber erniert sech haaptsächlech vu Planzen, dofir gëtt hien och als Planzefrësser bezeechent. Hie frësst virun allem Waasserplanzen, Holz, Knospen, Bamschuel, Kraider a Grieser. Am Hierscht fänkt de Biber un Hieselter, Peppelen, Eechen, well Uebstbeem, Biirken an Dännen un ze knabbere fir dës ëmzeleeën. Hien huet immens staark Zänn mat deenen hien Holzspéin vu bis zu 50 Zentimeter ka maachen. Hie leet d'Beem ëm fir d'Äscht ze friessen an alles wat méi déck ass ewéi en Aascht hëlt hie fir säi Bau als Baumaterial.



De Biber ass dat gréisste „Nagetier" aus Europa. Hien ass tëschent 75 a 100 Zentimeter laang (ouni säi Schwanz) an hie kann 20 bis 30 Kilo schwéier ginn. Säi Pelz ass ganz dicht an huet eng waasserduerchlässeg Ënnerwoll.

De Biber kann 20 Minutte laang dauchen an ass e super Schwëmmer. De Biber hält kee Wanterschlof. Hie kritt 2 bis 3 Klenger am Joer, déi 8 bis 9 Woche bei hirer Mamm bleiwe fir dono ze léieren, selbststänneg ze ginn. No 2 Joer musse se de Familjeverband verloossen. D'Biberen hale sech no beim Waasser op, si baue Buergen, wou den Agang ëmmer ënner Waasser läit.


*Pol Meyer*

# Ausgestuerwe Beruffer an Handwierker vu Schieren – *4. Deel*

## 17. D'Steppdeckefabrikantin

Bis an d'fofzeger Joeren vum 20. Joerhonnert gouf et och e Beruff zu Schieren, dee just vu Fraen ausgefouert gouf, an dat war d'Fabrikatioun vu Steppdecken fir op d'Better. Zwou Dammen hate sech där Spezialitéit ugeholl, eng zu Uewerschieren an eng zu Nidderschieren. Zu Uewerschieren op der Nummer 106 op der Haaptstrooss am Haus *„bei Cleese Jampir"* war dat d'Marie FLERES, déi och nach Deckemarie genannt gouf. Zu Nidderschieren war et d'Anna SCHUSTER-BLEY, déi dëse Beruff geléiert hat. D'Arlette BLEY vu Veianen huet eis erzielt datt seng Elteren eng Steppdecken mat Diwwi do gemaach kritt hunn, an hatt konnt sech un eng hëlze Rumm erënneren, déi an der Stuff stoung. Op där Rumm ass d'Woll gläichméisseg verdeelt ginn. Wéi et déi Zäit de Gebrauch war, ass näischt ewech gehäit ginn. Wann ee sech eng nei Decke wollt maache loossen, konnt een aus enger aler d'Woll eraushuelen, an dann huet ee just mussen déi Woll als nei Wuer bezuelen, déi dann nach gefeelt huet. Déi al Woll, déi nach ze gebrauche war, gouf an eng Biidche gestach, mat engem Zousazproduit gewäsch an dann duerno gedréchent. D'Anna SCHUSTER war d'Mamm vum Martin THOMA an huet op der Hausnummer 10 an der rue de l'Alzette gewunnt.

## 18. Den éischte Garagist zu Schieren



Am WORT vum 30. Juli 1928 war eng Annonce, wou de Jani HARPES-GOMPEL vu Schieren wéinst Ëmbau dës Saachen bëlleg ugebueden huet: 3 Motocyclen, 1 Auto mat véier Sëtzplazen, alles an engem perfekten Zoustand. De Jani HARPES hat eng Garage wou hie sech op d'Reparatur vun alle Gefierer spezialiséiert hat. Ugefaang bei Veloen iwwer Motorrieder bis bei Autoen. Donieft war hien awer och e grousse, begeeschterten Unhänger vu Veloscoursen an hien hat och e Velosveräin zu Schieren an d'Liewe geruff.


Den 19. Dezember 1936 huet hien am Café FIEDLER zu Schieren versteeë gelooss:

1. E Wunn- a Geschäftshaus vun 416 m², mat ënnenan e grousse Verkaafsraum, Atelier, Kichen a Garage, an uewenop 3 grouss Zëmmeren, Waasser an Elektresch sinn installéiert, an et gëtt och eng Bensinspompel. Dat ganzt eegent sech beschtens fir dat besteeënd Velosgeschäft an de Reaparaturatelier weiderzeféieren, kann awer och fir all aner kommerziell Aktivitéit genotzt ginn.

2. Eng Garage vun 480 m², dovunner 260 m² iwwerdaacht.

   Dëst Haus gëtt et haut nach, et sinn d'Hausnummeren 155 an 157 op der Haaptstrooss. Den Hausnumm war „an Huef", a nom Jani HARPES gouf d'Traditioun vun Handel an Transport vun dëse Persounen virugefouert:

- Hugo EICHMANN-BLOCKSIEPEN, Velosgeschäft
- Nic BLEY-LAROCHE, Velosgeschäft
- Franz OFFERMANN, Transportgeschäft



De Jani HARPES mam Valentine a Paulette GOMPEL



D'Pauline GOMPEL virum Haus HARPES. Si war bestuet mam Edouard STROTTNER, e Bäcker a Cyclist, de Grënner vum Velosclub



De Velosclub vu Schieren, gegrënnt ëm 1920 an dësem Haus. Dee Club ass op Kiermescoursse matgefuer.

## 19. De Schmackefabrikant

Père Fouettard gëtt bei de Fransousen den Houseker genannt, obschonn hien awer nëmme mat Rudden d'Kanner fäerten deet. De Beruff vum Gäissel- oder Schmackefabrikant ass et awer och zu Schieren ginn, an do waren zwee Nimm bekannt: dat waren den M. BLEY an de J. MAY. Leider war awer nit méi erauszefannen wéi hire Virnumm war respektiv wou si hei gewunnt hunn.

Gäisselen oder Schmacke goufen haaptsächlech gebraucht fir bei Ochsen- oder Päerdsgepaner d'Déieren unzedreiwen. Si hunn aus enger hëlze Staang, wou een oder zwee Liederrimmen dru befestegt waren, bestan; wee gudde Geschéck hat, konnt se dann och nach klaken doen. Dat Klaken huet d'Déieren op d'mannst grad souvill ugedriwwen, wéi de Schlag mat der Gäissel, deen nit extra vill wéi gedoen huet.

Da gouf et awer och nach zwou aner Applikatioune vun esou Instrumenter, déi bei de Kanner ënnerschiddlech Begeeschterung ausgeléist hunn. Dat éischt war d'Gäissel, mat där den Dapp un d'Dréine bruecht gouf, e Spillgezei fir haaptsächlech Bouwen, wat mat wéineg Käschte verbonne war. Di zweet Applikatioun war de Farschwanz, deen och meeschtens bei Bouwen agesat gouf. Dat war e kuerzen Holzstill mat en etleche kuerze Liederrimmen drunn. Wann de Papp dee vum Kicheschaf erofgeholl huet, da wousst de Bouf datt eng Faart Streech op de plakegen Hënneschte fälleg war.

## 20. Peptonfabrik Camille ASCHMAN

De Camille ASCHMAN war 1857 zu Bous gebuer an huet Pharmacie zu Louvain studéiert, wou hie mat ville renomméierte Professeren ze dinn hat. 1883 kritt hien den Doktertitel an der Chimie mat senger These: *„Sur le pouvoir additionnel des composés non saturés bivalents et les dérivés allyl-acétiques."* Duerno koum hien op Lëtzebuerg zréck a gouf Éischtklass Professer zu Ettelbréck an der Akerbauschoul. Zu Bréissel huet hien d'Brochure *„Peptone du Professeur Dr. Camille Aschman"* publizéiert fir Investoren ze fannen fir sou eng Fabrik opzeriichten.

Peptone laut Larousse sinn Tëscheprodukter déi beim Ofbau vum Eewäiss vum Iessen am Organismus vu Mënsch an Déier entstinn. De Camille ASCHMAN huet e grousst Potenzial doranner gesinn, well d'Präisser vum Pepton grouss Gewënnmarge pronostiquéiert hunn a well hinnen an der Medezin eng grouss Zoukonft virausgesot gouf.

An engem Haus hannert Gompels hunn den ASCHMAN an den Alexandre RENKIN, Apdikter vu Bréissel sech dann eng kleng Fabrik ageriicht, an där 1894 dräi Leit geschafft hunn:

- den Direkter Alexandre RENKIN mat enger Pai vun 250 Frang
- den Aarbecher Pierre GLODT mat 100 Frang de Mount
- den Aarbechter Jean GLOD mat 80 Frang de Mount

1894 gouf et Pepton a Pudderform, a 4000 Échantillonë vun 20 Gramm sinn un Apdikten an Däitschland verschéckt ginn, an och Doktere kruten där fir se auszeprobéieren. Mee dat schéngt nit ageschloen ze hunn, an duerfir ass dann e Reesender mat dem Pudder bei Apdikteren, Kliniken an Doktere gefuer, Reklam gouf an Zeitunge gemaach.

Am Rapport vun der Generalversammlung vun 1895 steet geschriwwen: *„dësen Extrakt vu Pepton, deen all Konditioune vun Ernierung a gudder Konservatioun opweist, huet awer nit déi Gréissenuerdnong vu Clienten ugesprach. Wuel huet de pharmazeuteschen Deel iwwerzeegt, mee de Geschmaach passt nit. Dobäi kann ee soen, datt zu Lëtzebuerg, wou de Pepton fir d'éischt kommerzialiséiert gouf, di wéineg Leit, déi sech den héije Präis leeschte konnten, ganz positiv drop reagéiert hunn. Mee am Ausland, wou mol nach e Réseau muss opgebaut ginn, ware mir géint Konkurrenzprodukter ënnerleeën. An deem Sënn hu mer lo zanter kuerzem Peptonwäiner entwéckelt, an do hu mer ganz positiv Réckmeldungen vu Clienten an Doktere kritt. Mee mir sinn äis bewosst, datt mer eise Produit nach verfeinere mussen fir eise Pudderextrakt am Gout verbessere mussen. No ville Versich hu mer lo e liicht wäisst Pudder mat engem vill bessere Geschmaach erauskritt. Dorop musse mer vun elo un all eis Effortë konzentréieren fir de kommerzielle Succès ze kréien."*

1896 huet et geheescht:

„Mat Zeitungsannonce musse mer lo probéieren, datt mer eise Peptonprodukt a Crèmeform ënnert d'Leit kréien, ënner anerem hu mer versicht, bei de Fabrike vu Knorr, Maggi, Scheller a aneren eranzekommen, mee dat ass schifgaang. Dernieft hu mer probéiert, fir dëse Fleeschextrakt an de groussen Handelshaiser vum Kongo ze plazéieren, mee do si mer géint d'Konkurrenz vu Liebig nit ukomm. Dunn hu mer beschloss, de Präis vun 18 op 12 oder souguer 10 Frang erofzesetzen, wat mer kënnen zum Deel domat erreechen, datt mer ee vun de Glodt-Aarbechter provisoresch op Diddeleng transferéieren. De Verkaf huet och di éischt sechs Méint schéin ugezunn, ënner anerem doduerch, datt mer zimlech grouss Quantitéite konnten u bakteriologesch Instituter verkafen, well den Dr KASSEL vu Berlin e ganz positiven Artikel doriwwer publizéiert hat."

1897 gouf dëse Commentaire gemaach:

*„Di zwee Kesselen fir ze dréchnen, déi d'Firma huet, ginn nit méi duer well lo méi grouss Bestellungen erakommen. Duerfir misste mer lo zéng där Kesselen hunn, déi 190 Frang*

*d'Stéck kaschten, a fir eis déi leeschten ze kënnen, musse mer méi al Apparate verkafen, besonnesch de grousse Kofferkessel, dee bis elo derzou gedéngt huet, fir de Pepton als Extrakt z'evaporéieren. Dee Kessel bidde mer zu zwee Drëttel vum Akaafspräis un."* Deen Apparat gouf dunn och fir 1250 Frang un eng Firma Bernhardi vu Leipzig verkaaft.

Den Här ASCHMAN huet dann nach weider ausgefouert: *„Et si Versich gemaach ginn fir eng „eau de Belval au vin de Peptone" ze lancéieren, an déi Firma huet no der Degustatioun versprach, déi Relatiounen ze verdéiwen."*

„Fir awer och nach di prekär Situatioun vun der Firma ze verbesseren, musse mer kucken eng Fusioun mat enger grousser Gesellschaft op d'Been ze stellen, an duerfir hu mer lo e puer Kontakter an Amerika. Parke Davis vun Detroit huet e Virschlag gemaach fir d'Fabrikatioun an Amerika opzehuelen, wa si do d'Generalvertriedung kréichen."

„Mee d'Verkafschiffere ginn nit méi duer fir d'Käschten ze decken, a wa mer nit vun enger grousser Gesellschaft ënnert d'Ärem gegraff kréien, dat heescht iwwerholl ginn, da musser mer Faillite erklären."

Déi Faillite loum dunn den 31. Juli 1898, och wann an den éischte Joeren vum 20. Joerhonnert nach Kontakter mat Brasilien bestan hunn fir do eppes opzebauen. Di verschidden Apparater vun der Firma goufen op Antwerpen verkaaft. 1920 huet de Camille ASCHMAN mam Alex FRANCK vun Antwerpen en Ofkommes ënnerschriwwen, dat dësem Leschten d'Rechter iwwerdroen huet, fir als Zwëschenhändler de Patent vu Pepton ze verkafen, mee doraus gouf och näischt. Den 23. Februar 1921 ass de Camille ASCHMAN zu Bréissel gestuerwen, an den 1. Juni 1921 hunn d'Ierwen beim Notär Lucien SALENTINY dem Auguste ASCHMAN de Mandat iwwerdroen, fir de Patent mat de Produktiounsmethoden ze verkafen.

Dat war d'Enn vun der Peptonfabrikatioun hei am Land, de Camille ASCHMAN hat drësseg Joer laang experimentéiert, grouss Wëssenschaftler hu seng Verdéngschter duerno nach gelueft, an et gouf Leit, déi de medezinesche Wäert vum Pepton unerkannt hunn. Sou ass de Fall vun enger Patientin vun 63 Joer vun hirem Dokter bestätegt ginn. Déi Fra hat e Mo an en Daarm déi quasi net méi fonktionnéiert hunn, warscheinlech war et Kriibs, an all méiglech Präparater ware probéiert ginn, fir d'Fra um Liewen ze halen, mee hu keen Erfolleg gewisen. Mat de Pepton Fleeschextrakter vum Camille ASCHMAN huet d'Fra dunn awer nach eelef Joer gelieft. Puppelcher, déi keng Mëllech an aner Produkter verdroen hunn an déi nit iwwerlieft hätten, goufe mat Peptonextrakter groussgezillt, an awer ass den Duerchbroch um Maart net gelongen.

**D'Auszeechnungen an d'Breveten vum Dr. Camille ASCHMAN:**



**1921**

1. Weltausstellung 1894 zu Antwerpen

   Goldmedail fir Pepton an Essai sur la germinsation des semences agricoles et forestières.


2. Neuer patentierter Keimapparat als Direktor der landwirtschaftlichen Versuchsstation der Ettelbrücker Ackerbauschule

3. Patentschrift für Verfahren zum Schwellen von Häuten mittels Glycerin-, Aethyl- und Methylschwefelsäure im April 1896.

D'Publizitéit vun de verschiddene Produiten vun der Pharmacie Albert ASCHMAN vun Esch am Joer 1926:

1. „Flëssegen a konzentréierte Fleeschextrakt aus prima Ochsefleesch, hiergestallt no der Prozedur vum Dr. Camille ASCHMAN;hhuet zënter drësseg Joe seng Preufen ofgeluecht an di héchsten Universitéitsauszeechnunge kritt. Ass bei alle schwéiere Krankheetskrisen als dat beschte Ernterungs- a Kräftegungsmëttel unerkannt.

2. Kraaftwäin mat Fleeschextrakt, hirgestallt no der Formel vum Dr. Edouard ASCHMAN, patentéiert an all eisen Nopeschlänner. Et gëtt zwou Geschmaachsrichtungen, eng mat Lëtzebuerger Muselwäin an eng mat Madeirawäin. Dëse Produit, mat Zousaz vun Eisen, Phosphor a Fleeschextrakt, ass besonnesch gutt bei de Fréijoerskuren an eegent sech beschtens als Kräftigungs- a Bluttbildungsmëttel.




**Gebai vun der PEPTONFABRIK**



Dr. Camille ASCHMAN a säi Jong Camille, 1909 zu Ettelbréck



# Neuer patentirter Keimapparat

von

## Dr. C. Aschman,

**Direktor der landwirthschaftl. Versuchsstation zu Ettelbrück**

(Grossherzogthum Luxemburg).

„Was der Mensch säet, wird er ernten."

Sowohl der Landwirth, als auch der Gärtner sind davon überzeugt, dass nur ein keimfähiges Saatgut den gewünschten Erfolg haben kann. **Unfruchtbaren Samen säen, heisst Sandkörner streuen.**

Obwohl diese erste und wichtigste Bedingung aller Pflanzenkulturen jedem Vernünftigen einleuchtet, wird doch erfahrungsgemäss alljährlich in zahlreichen Fällen gegen dieselbe gefehlt zum grossen Nachtheil der Landwirthschaft und des Gartenbaues. Die meisten Käufer unterlassen es, dass vielfach nicht allein veraltete, sondern auch verdorbene Waare abgesetzt wird. Immer ist dann der Schaden durch Ausfall an Ernte grösser, als der erste Nachtheil für weggeworfenes Geld und vergebliche Mühe. Der Unkundige schreibt den Misserfolg allmöglichen Zufälligkeiten zu, während der Einsichtsvolle seine Nachlässigkeit beklagt.

Um diesem altherkömmlichen Uebelstande zu steuern, hat man seit Jahren mancherlei Methoden und Apparate zur Keimprobe empfohlen, so die Keimproben mit Flanel, Filtrir- oder Löschpapier, mit Sand gefüllten Töpfen, mit den Apparaten von Nobbe, König u. s. w. Es haben jedoch alle diese Methoden denselben Nachtheile: es wird entweder der nothwendige Feuchtigkeitsgrad nicht erreicht, oder er wird überschritten. Bald sind die Sämereien zu trocken, bald schwimmen sie im Wasser. Diese Unterschiede sind immer von schlechter Einwirkung auf die Keimung und führen zu irrigen Schlüssen. Selbst bei der sorgfältigsten Beachtung und Behandlung sind störende Unregelmässigkeiten unvermeidlich.

Der Keimapparat von Aschman hat diese Nachtheile nicht und besitzt dazu den Vorzug grosser Einfachheit und Billigkeit. Er besteht aus 3 tellerartigen Gefässen. Der unterste Teller A ist zu ³/₄ Theilen mit reinem Wasser zu füllen. Auf diesen setzt man den zweiten Teller B, so dass der Lampendocht, welcher durch das in der Mitte befindliche Loch führt, bis in's Wasser des untersten Tellers reicht. Auf dem Teller B sind die Dochtfäden sternförmig ausgebreitet. Ueber letztern wird eine leichte Schichte feinen Sandes **gleichmässig** ausgestreut. Auf den Sand legt man ein nach der Grösse des Tellers zugeschnittenes Stück Filtrirpapier. Bei Innehaltung dieser Vorschriften bleibt die Keimfläche des Papiers, auf welches man 100 bis 200 Körner legt, **immer gleichmässig feucht.** Der Teller C bildet den Deckel.

Bei Aschman's Keimapparat kann man das Fortschreiten der Keimung in allen Stadien beobachten und sich von dem Kulturwerthe der Sämereien überzeugen. Bei richtiger Abzählung lässt sich leicht und mit Sicherheit der Prozentsatz der keimfähigen Körner bestimmen.

Um die Keimung zu beschleunigen, legt man die Körner vor dem Einsetzen in den Apparat 12 Stunden lang in reinen Wasser.

Bei der Prüfung von Runkelsamen lässt man das Filtrirpapier weg und steckt die Körner in den feuchten Sand.

N. B. Bevor man den Apparat in Thätigkeit setzt, empfiehlt es sich, das untere Dochtende in Branntwein zu tauchen, weil der trockene Docht nicht immer gleich das Wasser ansieht.

Patent vum Keimapparat



# Flüssiger Fleischextrakt

aus Ia. Ochsenfleisch, nach speziellem Verfahren hergestellt, 100% d. h. ohne Zutat eines fremden Bestandteiles, alle Eiweisstoffe, Vitamine, usw. sind in denselben rein und total erhalten; nur die «Schlacken» des Fleisches, Magen und Darm schwer belastend, sind entfernt, sodass Kranke und Convalescenten ein vollkräftiges Nahrungsmittel von der Natur gegeben, geniessen können, mit kräftigem, angenehmen Bouillongeschmack.

NB. Zahlreiche kleine schwächliche Kinder in den ersten Lebensjahren, die keine Milch vertrugen, wurden mit diesem Präparat grossgezogen. - Zahlreiche Anerkennungen.

Täglich frische Herstellung in

**Apotheke und Laboratorium**

# Dr. chem. Albert Aschman

**Brillstrasse - Esch-Alz.**


Publizitéit vun 1926




Publizitéit vun 1926




Situatiounsplang vun der PEPTONFABRIK zu Schieren-Bas vun 1893



KAISERLICHES PATENTAMT

AUSGEGEBEN DEN 14. APRIL 1896.

# PATENTSCHRIFT

№ 86334

KLASSE 28: Gerberei.

MAX SCHMELTZER und Dr. C. ASCHMAN in ETTELBRÜCK (Luxemburg).

**Verfahren zum Schwellen von Häuten mittels Glycerin-, Aethyl- und Methylschwefelsäure.**

Patentirt im Deutschen Reiche vom 31. März 1895 ab.

Patent-Anspruch:

Das Verfahren des Schwellens von Häuten mittels Glycerinschwefelsäure mit oder ohne Zusatz eines Gemisches von Aethyl- und Methylschwefelsäure.

Dokument vum Patent vun 1895

# Virtrag vum Marc Hilger iwwert d'„Maleta mexicana" vum 1. Mäerz 2018 an der Vollekskichen

D'Presentatioun vum Marc Hilger huet sech besonnesch un déi geschichtsinteresséiert Matbierger vu Schieren geriicht. Doniewent sinn och Leit, déi méi gewuer wollte ginn iwwert historesch Fotoapparaten, op hier Käschte komm.

Konkret huet de Virtrag d'Wierk an d'Schicksal vun de Pionéier vun der Krichsfotografie - dem Robert Capa, dem Gerda Taro, an dem David Seymour – behandelt. Si hunn am Spuenesche Biergerkrich vun 1936 bis 1939, wou déi faschistesch Rebellen ëm den Francisco Franco géint déi demokratesch gewielte Regierung vun der Volksfront gekämpft hunn, a schlussendlech duerch d'Hëllef vun Hitler-Däitschland an dem Italien ënnert dem Mussolini, un d'Muecht komm sinn, duerch hier Fotografien fir berühmten Zeitungen dëse bluddege Krich dokumentéiert.

De Marc Hilger huet a sengem Virtrag erkläert, wéi dee Krich, deen allgemeng als Prélude vum Zweete Weltkrich gesi gëtt, zustane komm ass. Niewent den Ursaachen ass heen och op de Verlaf vum Krich ze schwätze komm. E Krich, wou och vill Lëtzebuerger op der Säit



vun den Internationalen Brigaden matgekämpft hu fir d'Demokratie ze verdeedegen. Vill vun hinne si während der Occupatioun duerch Nazi-Däitschland op Dachau internéiert ginn.

Net nëmmen huet de Marc Hilger iwwert den historesche Kontext vum Krich opgekläert, mä och dat erstaunlecht Opdauchen am Joer 2007 vun 4.500 Negativen, déi di dräi Fotografen am Spuenesche Biergerkrich produzéiert hunn, thematiséiert. Dës Découverte ass allgemeng bekannt ënnert dem Numm „La valise mexicaine", well sech d'Negativer joerelaang an enger Valiss a Mexiko befonnt hunn.

De Marc Hilger huet a sengem Virtrag duerch säi Fachwëssen et fäerdeg bruecht, datt och déi Leit, déi de Sujet net direkt kannt hunn, sech konnten an déi Thematik afillen.



# Cross Country championnat

## Meilleur débutant et vainqueur du Cross Country national

Lors du championnat national de cross country disputée le 4 mars, Damien Pechon, résidant dans le quartier Op der Schlaed, a été le premier luxembourgeois à franchir la ligne de la catégorie Débutants (enfants nés en 2007 et 2008).

Né en 2008, l'élève de la classe du cycle 3.2 de Madame Diane Richartz et qui aime courir sur les chemins des bois derrière « Op der Schlaed » et de « Schierenerhaff », s'était inscrit mi 2007 au club d'athlétisme du Celtic de Diekirch.

Dans l'avant dernière étape du challenge Peters disputée lors de l'Eurocross à Diekirch le 25 février, Damien avait collecté trois succès dans des épreuves en Belgique et terminé à la deuxième place après avoir mené toute la course.

Dernière épreuve de la saison, le championnat national disputé au Baumbusch à Luxembourg réunissait 82 concurrents. Après un départ un manqué, le coureur de Schieren était classé quinzième. „Je pensais que c'était déjà fini pour moi et que je devais oublier le podium', a avoué Damien après la course. Mais progressivement, en gérant ses efforts, le jeune membre du Celtic remontait un à un ses concurrents pour finir en boulet de canon et doubler ses deux derniers adversaires dans les 100 derniers mètres.




**Damien Pechon (au milieu) sur le podim du championnat national de cross country à Luxembourg**

Damien Pechon gagnait le droit au « Ons Heemecht » sur la plus haute marche du podium.

Cerise sur le gâteau, après avoir collectionné les podiums durant la saison de cross country, Damien Pechon remportait sur le fil le challenge Peters qui récompense dans sa catégorie le meilleur concurrent national de cross country de l'année.

# Grouss Botz zu Schieren

Samschdes, de 17. Mäerz hat d'Schierener Gemeng, an Zesummenaarbecht mat de Pompjeeën an der Ëmweltkommissioun, den Opruff gemaach sech un der jäerlecher grousser Botz ze bedeelegen. D'Schierener Schoulkanner hu sech an der Woch drëm gekëmmert fir de Schoulhaff an de Park bei der Schoul ze botzen. Géint 9 Auer hate sech ëm déi siechzeg Fräiwëlleger, dorënner och eng Dose Kanner beim Pompjeesbau afonnt fir sech un der Grousser Botz ze bedeelegen. No enger Taass Kaffi an engem Croissant goufen déi verschidden Tier zougewisen. Mat den néidegen Dreckstute versuergt, goufe si vun eise Pompjeeën op di jeeweileg Ausgangspunkte gefouert, an si hunn, wéi dat säit laangem de Fall ass, och fir den Oftransport vun den Dreckstute gesuergt. Leider war och dëst Joer zum Schluss de Container erëm gutt mat Dreckstute gefëllt. Géint halwer 12 koume lues a lues di eenzel Ekippe vun hirem Sammeltur nees zréck am Pompjeesbau un. Fir d'Mëttegiesse stoung en häerzhaften Ierzebulli parat. Nodeems mir eis regaléiert haten, gouf nach déi obligatoresch Gruppefoto gemaach, iert bei engem Stéck Quetschentaart an enger Taass Kaffi di dësjäreg grouss Botz zu Enn goung.



**Foto: Jerry Schlentz**

# Neies aus der Crèche Bim Bam

Moien, bonjour, guten Tag, hello, buongiorno, bom dia

Säit Oktober 2017 gëtt et en neie Programm vum Educatioun's Ministère iwwert Méisproocheg Erzéiung deen als Zil huet, déi Kleng vun 1 bis 4 mat der lëtzebuergescher an der franséischer Sprooch a Kontakt ze bréngen.

Dat heescht fir eis, dass mir niewent dem Lëtzebuergeschen, wat eis Ëmgangssprooch ass, nach méi op déi franséisch Sprooch aginn.

Mir sange mat de Kanner Lidder, lauschteren CD'en mat Kanner-Lidder, Geschichten a Kanner-Reimer ginn erzielt oder Bicher gekuckt an deenen 2 Sproochen.

Niewent de geplangten Aktivitéiten op lëtzebuergesch, gëtt déi franséisch Sprooch an eisem Alldag méi präsent, wéi zum Beispill hu mir agefouert:

– virum lesse „bon appétit „ sangen (Ritual)
– Lidd fir de Gebuertsdag sangen a verschiddene Sproochen





Et steet eng Kanner-Biblioték zur Verfügung wou d'Eltere mat hire Kanner e Buch ausléine kënnen. Bicher sinn a verschidde Sproochen, eng Variatioun vun all de vertruedene Familljensprooche vun de Kanner aus der Crèche.

Déi verschidde Sprooche ginn op eng spilleresch Aart a Weis an eisen Aktivitéite wéi och am Dagesoflaf integréiert.

D'Familljesprooche ginn an der Crèche Bim Bam wäertgeschätzt a behalen hir Wichtegkeet bäi.

# Les nouveautés à la Crèche Bim Bam




Moien, bonjour, guten Tag, hello, buongiormo, buenos dias,

Depuis octobre 2017, un nouveau programme mis-en-place par le Ministère de l Education sur le plurilinguisme, a été introduit avec le but de promouvoir le luxembourgeois ainsi que le français dès le plus jeune âge (1 à 4 ans).

Ceci signifie que la langue française va gagner en importance, tout en restant en complément de la langue luxembourgeoise, la langue véhiculaire.

Nos activités restent basées sur l écoute, le chant, les comptines ainsi que des chansons pour enfants. Avec les enfants, des livres sont regardés, des histoires enfantines sont racontées dans les deux langues.

En dehors des activités planifiées, la langue française va sera plus utilisée au quotidien comme par exemple :

– Chanter le bon appétit avant le repas ou encore
– souhaiter ou chanter, un bon anniversaire en différentes langues.

A l'intérieur de la crèche, les parents auront la possibilité d'emprunter des livres pour enfants dans leur langue maternelle.

Pour faciliter la familiarisation, dans les activités de la journée, les deux langues seront introduites de façon ludique.

Les langues utilisées en famille, resteront valorisées, et conserveront leur importance, dans la crèche Bim Bam.

# Maison Relais




## Indiana Jos – Op de Spuere vu Fuerscher an Entdecker

D'Handlungsfeld Naturwëssenschaft an Technik spillt eng wichteg Roll an der Maison Relais Rousennascht zu Schieren. An de Joeren 2013-2016 gouf, mat der finanzieller Ënnerstëtzung vum Fonds National de la Recherche an no de Richtlinne vun der non-formaler Bildung, de Pilotprojet „Indiana Jos – Op de Spuere vu Fuerscher an Entdecker" initiéiert. De ganze Projet „Indiana Jos" ass eng Initiativ fir d'Fortbildung vu pädagogësche Fachkräften, déi souwuel an de SEA wéi och an de Jugendhaiser vun elisabeth, de Fuerscher- an Experimentéiergeescht vu Kanner an Jugendleche fuerdere soll.





Zanter Dezember 2014 ass de Fuerschungsraum an der Maison Relais Rousennascht fäerdeg ageriicht. Säitdem ginn zweemol d'Woch Aktivitéiten zum Thema Fuerschen an Experimentéiren ugebueden. Sënn an Zweck vun dësem Experimentéieratelier ass et fir de Kanner Material zur Verfügung ze stellen, fir datt si op spilleresch Aart a Weis kënne fuerschen an experimentéieren. Sou kann déi natierlech Entdeckerfreed vun de Kanner am Alldag opgegraff ginn a schonn a fréie Joeren d'Hemmschwell géintiwwer Wëssenschaft an Technik ofgebaut ginn.



# Präisiwwerreechung Molconcours fir den Offallkalenner 2018

Um Concours, fir d'Deckblat vum Offallkalenner vun der Schierener Gemeng 2018 ze gestalten, hunn Enn 2017 d'Klasse vun der Madame Diane Richartz, der Madame Myriam Stüren an der Madame Joëlle Bernard deelgeholl.


D'Thema war

**„Sanfte Mobilität, Zone 30, Sicherer Schulweg"**


Den 1. Präis goung un d'Mafalda Laureano,
den 2. Präis un d'Emilie Alba an
den 3. Präis un de Lucas Dinis.

Di 3 Gewënner kruten ee Kadosbong fir an d'Librairie Zimmer.






**1. Präiss**




**2. Präiss**



**3. Präiss**

# Cycle 1.1 - 1.2 : 2017-2018



**Titulaire : Ludovicy Véronique** **Absent : ALOMAR Abdullah**

**2e r.: MAGRINHO Rodrigo – BALAZADEH Claire – DA SILVA Luna – BECKERS Mathieu – JUNG Philip – KAYSER Sophie – CUNHA L. Leandro – RODRIGUES P. Ariana – 1ère r.: MELO M. Bryan – MERSCH B. Deniz – RODRIGUES F. Thaïs – CUNHA L. Lara – LATIC Tarik – SCHROEDER Lou**



**Titulaires : Barros Paula & Do Rio Catia**

**2e r.: PINTO DE A. Martim – SOUSA N. Leandro – MICKET Cedric – LAUREANO P. Lara – GUEDES DA S. Matilde – BABACIC Neila HUTH Jil – MONTEIRO Rodrigo – 1ère r.: LUTGEN Felix – ABDIU Adam – FERRARI David – TOUSSAINT Julien – PEREIRA B. Rodrigo – BÜCHLER Katrin – SCHAUL W. Max – Intervenante dans toutes les classes: Martine Kass**

## Cycle 1.1 - 1.2 : 2017-2018



**Titulaire : Reiser Jessica**

**2e r.: MELNYK Oleksandr – ZAHITOVIC Damir – SCHROEDER Ben – KRAUS Hanna – CORREIA M. Laura – SOUSA N. Raphael – HANSEN Malou – 1ère r.: KOCAN Mediha – APOLINARIO C. Matilde – FISCH Charel – GOMES Q. Rodrigo – PINHEIRO T. Luana - VENÃNCIO P. Maely - FERREIRA M. Ilan - DA CRUZ V. Diego**



**Titulaire : Scheuren Martine**

**Absent : OLIVEIRA T. Kevin**

**2e r.: ROSATI Milio – RECKEN M. Cedric –VILAS B. Diego – SANTOS P. Alynne – LATIC Lina – AFONSO D. Alex – 1ère r.: DE BARROS R. Rodrigo – CASTRO C. Kelly – ALVES M. Afonso – CORREIA M. Beatriz – MONTEIRO R. Filipa – AFONSO V. Mathias – PENIN Sarah – Intervenante dans toutes les classes: Martine Kass**


# Précoce : 2017-2018



Titulaire : Leone Rosanna – Educatrices : Pereira M. Marisa & Geiben Stéphanie

1ère r.: LEITE DA VINHA Clayton - HANSEN Nicolas - ALEGRE PAUWELS Levi - CABRAL FERNANDES Mayara – MIGUEIS LESSA Mathilde - MARTINS CAMPOS Diego – 2e r.: KRAUS Leo Jean - BAUR Lyam Lou - ALBERSMEYER Finja Annette Elise - BARTHOLME Nikolay - QUETA Louana Ndéyé – DE BARROS DOMINGUES Sofia





Titulaire : Faber Mireille – remplacée par Aust Marie-Jeanne – Educatrice : Wantz Annick – Absente : GAMA M. Matilde

3e r.: PEREIRA Diego – SCHAUL WEBER Sam – HUTH Nick – MOSSONG Jayson – 2e r.: KAYSER Julie – VENÃNCIO POSTEL Naela – VÄISÄNEN Veera –MIRANDA SOARES Bruna – 1ère r.: SCHLOESSER Claude – WAGNER PETIT Léon – NOGUEIRA DOS SANTOS Bryan – Intervenante dans toutes les classes: Martine Kass

## De Cycle 2.1. vu Schieren




Mir sin d'Kanner aus dem Cycle 2.1 vu Schieren an mir hun eis all fir d'Fuesend verkleet. Bei dëser Geleeënheet wëlle mir eis kuerz firstellen.

1. Rei v.l.n.r.: DIAS Keyla, GONCALVES OLIVEIRA Daniel, DE SOUSA SILVA Rodrigo, MARQUES FERREIRA André, PECHON Daria.

2. Rei v.l.n.r.: NEVES TEIXEIRA Luca, MENDES FELIX Diogo, MELO MOREIRA Jennyfer, ROCHA DIAS David, LUDOVICY Hannah.

3. Rei: Eise Schoulmeeschter HOFFMANN Pascal

Nët op der Foto: PAIVA MARTINHO Angelino, ALOMAR Aysr.

## Schierener Schoul Cycle 2.2a 2017-2018



Mir 9 Meedercher a 6 Jongen si bei der Joffer Blanche an der Klass.

Vu lénks no riets: Éischt Rei: Kathrine Hansen, Nahla Muric, Keryan Venancio Postel, Charel Lutgen, Leticia Dos Santos Antunes, Lua Sanches de Lacerda Chaves, Francisca Pereira Bento

Zweet Rei: Ilana De Sousa, Amar Babacic, Yasmine Selmane, Neele Albersmeyer, Charlie Hoffmann, Jean-Baptiste Kettmann, Mateo Carreira, Rodrigo Lavandeira Bastos

# Cycle 2.2 B (Joffer Giusy)



**Hallo. Mir sinn de Cycle 2.2 B vun Schieren. An der Klass si mir zu 16 Kanner: 8 Jongen an 8 Meedercher.**

**Barros Malheiro Diego – Baur Geane - Baustert Chiara – Beckers Sophie – De Oliveira Martins Diogo – Furtado Correia Dilson – Kraus Mathis – Martins Gabriel – Mendes Varela Elysan – Micket Luc – Monteiro Mascarenhas Elissa – Monteiro Moniz Tiago – Nogueira Dos Santos Luisa – Oliveira Feiteira Iara – Petrov Popov Lidia – Ramos Monteiro Marcia**



**Spilltuerm am Spillschoulshaff**

# Theaterwoche des Zyklus 4




Im Dezember 2017 ereignete sich im „Schierener Atelier" die Theaterwoche, welche von den Kindern aus dem Zyklus 4 und ihren Lehrerinnen Joëlle Bernard, Julie Nosbusch und Sabrina Thill organisiert wurde. „Vermësst" so hieß das Theaterstück, welches die Kinder während 4 Tagen für andere Schulklassen aufführten. In den Hauptrollen zu bestaunen waren Mats Jung als „Giuseppe" und Emilie Alba als „Pinocchio". Andere wichtige Rollen wurden von Ted und Mathys Schaus wie auch von Linus Kremer gespielt, sie stellen die Polizeiagenten dar, welche den Kriminalfall zum Schluss der Inszenierung aufdeckten. Die Banditen wurden von Anouk Schmitz, Mara Wickler in der Katzenrolle und von Lenn Schmitz und Jules Nickels in der Fuchsrolle verkörpert.

Durch das ganze Bühnenstück führten uns die drei Vorleser Charel Herrmann, Jackie Beckers und Ariana Nascimento. Zum Schluss der Darbietung, erlebten die Zuschauer eine sehr aufregende Zirkusshow mit Akrobatik und Jonglage.

Gespielt wurde auch zwei Mal abends für die Familien und Bekannten. Mit tosendem Applaus verlies jeder Einzelne am Ende der Aufführung den Theatersaal. Doch nichts zu trotz gehört zu solch einem Applaus aus eine sehr anstrengende Vorarbeit, welche Monate lang














dauerte. Seit dem Schulanfang dieses Jahres, waren die Kinder und Lehrerinnen damit beschäftigt, das Theaterstück erst einmal selbst schreiben.

Nicht nur das Schreiben, sondern auch das Kostümnähen, die Zirkusshow und die Bühnendekoration nahmen die Schüler selbst in die Hand. Einen großen Dank ebenfalls an Roland Meyer und Sam Muller, Mitarbeiter der „Theater- und Zirkusschoul" welche den Kindern mehrmals tatkräftig beim Proben zur Seite standen. Während der ganzen Woche besuchten knapp 600 Schüler aus anderen Gemeinden die Theatervorstellung. An den beiden Abenden waren um die 300 Zuschauer angemeldet, um die blendende Arbeit der Kinder mit zu verfolgen.

Mit den Spenden, die die Kinder erhalten haben, werden sie an einem aufregenden Ausflug teilnehmen. Wohin es sie verschlägt, darf aber noch nicht verraten werden.

Einen großen Dank an alle Beteiligten an diesem Projekt, die den Zyklus 4 während der ganzen Zeit unterstützt haben. Zum Schluss möchte die Grundschule dem Bürgermeister André Schmit danken, welcher trotz bereits vergebenem Saal für die Festtage einwilligte, dass die Schulkinder noch freitagabends ihr Stück aufführen konnten. Herzlichen Dank.






# Galaconcert 2018



Auch dieses Jahr hatten sich am dritten Sonntag im Januar (also am 21ten) wieder rund 600 Zuschauer in der Sporthalle in Schieren eingefunden, um dem Galakonzert der Schierener Musek beizuwohnen.

Das 61-köpfige Blasorchester wusste bereits nach wenigen Takten das Publikum zu überzeugen. Nachdem das Konzert mit „Adventure“ eröffnet wurde, trat Oboe-Solistin Jenni Pauwels in Erscheinung und sorgte mit ihrer Leistung in „Nostalgia“ für glänzende Augen unter den Zuschauern.

Mit den Stücken „Virginia“ und „Mont-Blanc“ nahm die Schierener Musek das Publikum mit auf eine Reise in die Geschichte des gleichnamigen US-Bundesstaates sowie in die majestätische Gebirgslandschaft der Alpen.

Der zweite Teil wurde mit dem luxemburgischen Marsch « 175 Joer Militärmusek » von Patrick Lux eröffnet. Das Stichwort „Abenteuer“ zog sich als roter Faden nicht nur durch den ersten Teil, sondern war durch die weltbekannten Soundtracks von „Star Wars“, „The Mask of Zorro“ und „The Lion King“ auch im zweiten Teil zu erkennen.





Ein Arrangement des Beatles-Songs „Ticket to ride" ließ die Zuschauer auf einer gemütlichen Bahnfahrt zwischenzeitlich kurz zu Ruhe kommen, bevor es mit dem nächsten Abenteuer weiterging.

Als erste Zugabe präsentierte die Schierener Musek ein Medley des kürzlich verstorbenen legendären Musikers Johnny Hallyday. Nach dem Konzert hörte man mehr als nur einen Zuschauer die weltbekannten Melodien vor sich hin pfeifen oder summen. Die zweite Zugabe „Midnight Dancer" verwandelte die Schierener Sporthalle noch für kurze Zeit in ein Tanzstudio, bevor das Konzert mit Vorstellung der einzelnen Register zu Ende ging.

Wie gewohnt sorgte das Team um Gusti Feinen mittels Projektion auf eine 5,6 m breite Leinwand für die visuelle Untermalung der gebotenen Musik. Um den Zuhörern eine gute Sicht auf die Musikanten zu verschaffen, wurden mittels drei hochauflösenden Kameras Nahaufnahmen aus dem Innern des Orchesters auf die Leinwand übertragen.

Für die nötigen Erklärungen zu den einzelnen Kompositionen sorgten Nicole Mersch und Carmen Nickels.

Eine wesentliche Änderung fand in der Bühnendekoration statt: seit diesem Jahr muss auf die von Hand gemalten Meisterwerke des Vereinsmitgliedes Georges Petit verzichtet werden, da dieser in den wohlverdienten Ruhestand getreten ist.

*Text: Pierre Schmit – Fotoen : Jerry Schlentz*



# Die 71. Generalversammlung der « Schierener Musek » …



**… fand am Samstag, den 18. November 2017 in Schieren statt.**

Nach der Begrüßung durch den Präsidenten Marc Nickels, trug Schriftführerin Carmen Nickels den gut gefüllten Aktivitätsbericht des vergangenen Jahres vor. Mit Beschreibung der Ein- und Ausgaben des abgeschlossenen Geschäftsjahres sorgte Kassenwart Jules Wagener anschließend für einen Überblick über die finanzielle Lage des Vereins und teilte der Versammlung mit, dass auch dieses Jahr mit einer positiven Bilanz abgeschlossen werden konnte. Einziger Wermutstropfen war seine Ankündigung, zwar Mitglied im Vorstand zu bleiben, nach 22 Jahren als Kassenwart aber nicht mehr erneut für diesen Posten zur Verfügung zu stehen. Mit großem Applaus dankte ihm die Versammlung für seinen letzten Kassenbericht und die ausgezeichnete Arbeit der vergangenen Jahre.

Der gleiche Applaus wurde anschließend zwei weiteren Mitgliedern zuteil:

Nachdem Camille Pletschette bereits im Jahr 2014 nach siebenjähriger Amtszeit vom Präsidentenposten zurückgetreten war, gab er nun auch seinen Rücktritt aus dem Vorstand bekannt.

Georges Petit, ein langjähriger Musikant und Verantwortlicher für die Bühnendekoration des jährlichen Galakonzertes, ist in den wohlverdienten Ruhestand getreten.

Als Dank für die jahrelange Unterstützung wurden den beiden Geschenke überreicht. Geschenke gab es auch für die Musikanten Martine Nickels, Camille Pletschette und Alex Bissen, welche den Proben und sonstigen musikalischen Aktivitäten im vergangenen Jahr am häufigsten beigewohnt hatten.

Gedankt wurde auch dem scheidenden Kassenrevisor Martin Hendriks.

Folgende Mitglieder wurden von der UGDA für ihre langjährige Mitgliedschaft ausgezeichnet: für 5 Jahre: Emma Garson, Laurie Pütz; für 10 Jahre: Elisabeth Nickels; für 20 Jahre: Léini Fischer, Marguy Spaus-Degrand; für 30 Jahre: Marc Nickels; für 40 Jahre: Marc Garson, Nicole Mersch, Jean-Claude Spaus; für 50 Jahre: Marcel Schmit.

Christophe Heck und Jerry Schlentz wurden als neue Mitglieder in den Vorstand aufgenommen, welcher sich künftig wie folgt zusammensetzt: Gusty Feinen, Christophe Heck, Joe Kayser, Nico Lagoda, Serge Malget, Nicole Mersch, Carmen Nickels, Guy Nickels, Marc Nickels, Jerry Schlentz, Pierre Schmit, Marguy Spaus-Degrand, Carlo Thill, Jules Wagener

*Text: P. Schmit; Foto: C. Thill*

# Ausfluch Schierener Musek an d'Normandie (7-10.09.2017)

No enger Kaffispaus zu Charleville-Mézières a Mëttegiessen zu Neufchâtel-en-Bray hu mer zu Honfleur e gemittleche Spadséiergang duerch d'Alstad gemaach fir am spéiden Nomëtteg an eisem Hotel zu Caen unzekommen. Nom Owesiesse konnte mer dunn live materliewen, wéi franséisch Studenten hir Rentrée feieren. Vun elo un wousste mer, wou owes eppes lass war.

Den nächste Moie war en Visite guidée vu Caen mam Train touristique geplangt. Dono ass et weider a Richtung Landungsküst op Arromanches gaangen, wou mer de „Musée du Débarquement" besicht hunn. E lëschte Stopp war um groussen amerikanesche Kierfecht zu Colleville-sur-Mer deen un déi 10.943 gefalen Zaldoten erënnert.

Samschdes moies stoung eng Visite mat mat Degustatioun an der Calvados Brennerei Christian Drouhin am Domaine „Coeur Lion" um Programm.

Nom Mëttegiesse konnte mer bei schéinem Wieder iwwert Promenade zu Deauville spadséiere goen oder eis Féiss an d'Mier strecken.

Op der Réckrees hu mer nach emol vum Minizuch zu Rouen profitéiert, fir eis et duerno am eelste Restaurant









vu Rouen, dem „La Couronne" eng lëschte Kéier gutt goen ze loossen.

*Carlo THILL*

# Pompiers

## Réckbléck op d'Joer 2017

Am leschte Joer haten mir nawell vill ze dinn. Nieft 45 Asätz – 40 technesch a 5 Brandasätz – hunn eis Leit och iwwert 1.200 Stonnen u Formatioun gemaach. Praktesch all Member war am Laf vum Joer minimum an engem Cours. Nieft 23 Übungen an eisem Corps an 20 Owender fir Maintenance hun mir natierlech och un deenen traditionnelle Manifestatiounen am Duerf deelgeholl. Ab leschtem Joer hu mir och ugefaangen, eis Zesummenaarbecht vum Corps mat Kolmer ze verdéiwen. Och eis Jugendpompjeeën hate mat 21 Übungen an enger Rei vun aneren Aktivitéiten e gutt gefëllten Programm.









## Trennung tëscht „CIS Schieren" an „Pompjeeën Schieren a.s.b.l."

Ab der Generalversammlung vum 2ten März 2018 besteet elo eng Trennung tëscht dem „Centre d'Incendie et de Secours Schieren" (dem eigentleche Gemengenservice dee fir Asätz zoustänneg ass) an dem Veräin „Pompjeeën Schieren a.s.b.l." (dee Club dee Manifestatiounen organiséiert). Den CIS gëtt geleet vum Kommandant Jérôme Kayser, Ënnerkommandant Joe Berwick an Jugendleeder Gilles Hemmerling während d'Leedung vun der a.s.b.l. dem Sandy Wohl als Präsidentin an dem Martijn Van Es als Vize-Präsident mat hierem Komité ënnersteet.

All Pompjee ass d'office Member vun eiser a.s.b.l., mee et ass natierlech och méiglech Member an eisem Veräin ze ginn ouni aktiv Pompjee ze sinn. Mir hoffen, mat dësem Opruff och e puer Leit ze fannen, déi bereet sinn, ons bei eise Veräinsaktivitéiten ze hëllefen.

Do denieft siche mir och dringend nei Pomjeeën. Eng interessant Aufgab fir senge Matmënschen an Nout ze hellëfen, waarden op Iech. Wëllt dir Iech bei eis engagéieren? Oder kennt dir een, deen dat gäre wéilt maachen? Da kontaktéiert eis:

| | |
|---|---|
| Kommandant: | Jérôme Kayser<br>621.491.981<br>jkayser@spschieren.lu |
| Ënnerkommandant: | Joe Berwick<br>691.638.816<br>jberwick@spschieren.lu |
| Jugendleeder: | Gilles Hemmerling<br>691.976.762<br>ghemmerling@spschieren.lu |

## Buergbrennen 2018



Wéi all Joer hunn mir och rëm dëst Joër dat traditionnellt Buergbrennen organiséiert. Et war rëm eng ustrengend Woch mat vill Aarbecht mee och ganz vill Spaass. Op dëser Plaz e grousse Merci un all déi Leit déi eis finanziell ënnerstëtzt hunn, genau sou wéi un all d'Entreprisen déi eis materiell oder logistesch ënnerstëtzt hunn.



## Rauchmelder Pflicht ab dem 01.01.2019

Nach virun Enn vun dëser Legislaturperiod wëll den Innenminister Dan Kersch e Gesetzesprojet an der Chamber stëmmen loossen, deen ab 01.01.2019 Rauchmelder an all Neibau virschreift. Fir besteeënd Gebaier gëlt eng Iwwergangsfrist vu 5 Joer. Et sin dës kleng Apparater déi am Fall vun engem Feier, besonneg nuets, Liewen kënne retten. D'Regierung huet och décidéiert zum Start vun dësem Gesetzestext all Haushalt esou e Rauchmelder ze schenken.

Nieft Rauchmelder sollt och an all Haushalt e Feierläscher an eng Läschdecken ze fanne sinn. Rauchmelder gehéieren op d'mannst an all Schlofkummer. Hudd dir Froen zu dëse Geräter? Braucht dir e Feierläscher oder e Rauchmelder? Muss äre Feierläscher kontrolléiert ginn (all 2 Joer)? Dann zéckt net eis ze kontaktéieren!

## Kreatioun vum „Corps Grand-Ducal d'Incendie et de Secours"



Den 01.07.2018 trëtt endlech dat laang erwaartent Gesetz zur Reform vun den Rettungsdingschter a Kraaft. Déi eenzel fraiwëlleg Pompjeescorpsen, d'Zentere vun der Protection Civile mat hire Spezialgruppen, den Corps vun den Stater Beruffspompjeeën souwéi d'Pompjeeën vum Findel wäerten an engem Etablissement public regruppéiert ginn. Laangfristeg wärten eng 600 bis 800 professionnell Retter fir desen Service schaffen, mam Zil virun allem d'Qualitéit an d'Antreffzeiten bei den Ambulanzasätz ze verbesseren. Dësen Etablissement public wäert zu gleichen Deeler vun de Gemengen an dem Staat finanzéiert gin. E weidert Häerzstéck vun dëser Reform wärt den neien „CNIS" (Centre National d'Incendie et de Secours) ginn, wou eng vun de modernste Rettungsdéngschtschoulen an Europa entsteet.

Dës Reform erklärt och firwat mir eis décidéiert hunn d'Aktivitéiten vum CIS (deen an Zukunft dësem Etablissement public ënnersteet) vun deene vun der a.s.b.l. (e Klub an der Gemeng Schieren) ze trennen.




## Neien Internetsite an Facebook Seit

Eisen neien Internet Site as zënter dem Laf vum leschte Joer online. Ënnert www.spschieren.lu fannt dir News zu eisen Asätz, Übungen a soss Aktivitéiten.

Och op Facebook poste mir regelméisseg Informatiounen zu aktuellen Sujeten.

@pompjeeenschieren



# Turnveräin Schieren

Den Turnveräin offréiert säit 1996 eng ganz Palette vun Optioune fir mat Sport fit ze ginn oder fit ze bleiwen.

*Depuis l'année 1996 le « Turnveräin » offre des cours de gymnastique variés répondant à tous besoins de mise ou remise en forme et de tonification de la silhouette.*

## Gesondheetsturnen / *Gymnastique douce*




**Dënschdes vun 8.30 bis 9.30**
***les mardis de 8.30 à 9.30 / DAMES***

## Gymnastique / Bodyshape




**Dënschdes vun 19.30 bis 20.30**
***les mardis de 19.30 à 20.30 / DAMES***

## NEI vun der Saison 2017-2018 un:
## *NOUVEAU à partir de la saison 21017-2018:*

### Réckenturnen



**Donneschdes vun 9.15 bis 10.15 / MIXTE**

### *Gymnastique du dos*



***les jeudis de 9.15 à 10.15 / MIXTE***

**Rendez-vous fir all Cours : An der Sportshal rue de Stegen zu Schieren**
***Rendez-vous pour tous les cours : Hall des Sports rue de Stegen à Schieren***

**Fir weider Informatiounen / *Pour plus d'informations :***
**Tel : 621726752 Monique THILL**

***Avis aux amateurs !!!***

## Self-defense : einfach Übungen fir jiddfereen deen eng eventuell Agressioun am deeglechen Liewe muss oofwieren

**Fir Erwuessener a Kanner vun ca 5 Joer u Freides vun 18.00 bis 19.30 / MIXTE**




## *Le « Self-defense » : Sport complet et atout contre la violence :* Gestes simples de défense dans le but de se protéger contre d'éventuelles agressions

***Pour adultes et enfants à partir de 5 ans : les vendredis de 18.00 à 19.30 / MIXTE***



*Text: Juliette KEMP – Fotoe: Carlo THILL*

# BOULODROME/ PARKING am Géier oder eng WIN-WIN-STORY

## Virgeschicht



D'F.L.B.P. (Fédération Luxembourgeoise de Boules et de Pétanque) huet op hire Generalversammlungen de federéierte Veräiner virgeschloen fir Manche vum Championnat z'organiséieren.

A schonn woren d'Schierener Bulemettien „hors concours", well vun den Organisateure verlaangt gëtt fir eng Infrastruktur vu bis zu 40 Terrainen (12,5 m x 2,5) ze garantéieren fir datt eng Manche vum Championnat op demselweschte Site ka vun 150 bis 200 Lizenséierte gespillt ginn.

Mat den zwee amenagéierten Terrainen hannert der Kierch ka kee Championnat gespillt ginn, mee et sinn dunn awer verschidden Iwwerleeunge gemeet gi fir eng Léisung ze fannen.

Op d'Initiative vun e puer Comitésleit an engem Veräinsmember gouf am Januar 2015 e „Brainstorming" mat dem Schäfferot vun der Schierener Gemeng organiséiert fir iwwert d'Iddi vun engem Boulodrome/ Parking am Géier ze diskutéieren.

All bedeelegt Leit woren der Meenong, datt et deen ideale Site wier an datt een op där Basis e Projet kéint op d'Bee stellen.

D'Schierener Gemeng huet du Pläng erstelle gelooss, huet och déi néideg Autorisatioune bei de Ministèren ugefrot an de Gemengerot huet och 50.000 € am Budget fir de Projet virgesinn.

Ugangs 2016 huet de Gemengerot de Projet approuvéiert. Mat all den Autorisatiounen an dem Accord vum AGE stoung der Réalisatioun näischt méi am Wee.

Datt d'CFL geplangt hat, fir am August/September 2016 hiert Schinnennetz vu Schieren op Kolmer z'erneieren, sollt sech bei der Endofrechnung vum Projet finanziell als Glécksfall erausschielen.

D'Schierener Gemeng hat mat der Firma Baatz eng Conventioun getraff, datt den Entrepreneur de kompletten Ënnerbau géif maachen an duerfir als Géigeleeschtung den Terrain am Géier fir den CFL-Chantier bereetgestallt kréich. Ausserdeem géif d'Firma Baatz och den neie Parking laanscht de provisoresche Futballstrainingsterrainen amenagéieren an d'Poteauen fir de Ballfang installéieren. (Spéider huet de CIGR de Ballfang montéiert).



## D'Aarbechten

Vu Mäerz bis August 2016 gouf den Terrain vun der Firma Baatz fir den CFL-Chantier genotzt an am September gouf dunn de Boulodrome/ Parking fäerdeggestallt. D'Virbereedunge fir d'Luuchte woren am Oktober un der Rei. Am November gouf dunn och nach de Makadam am Kräizungsberäich nei gemaach. D'Luuchte selwer goufen eréischt am Juli 2017 opgeriicht.

## Technesch Detailer

**A. D'Ofmiessunge vum Boulodrome/ Parking:**

1. 63,05 Meter laang a 15,97 bis 16,07 Meter breet
2. ongeféier 43 Zentimeter déif

**B. Verbaut goufen**

1. ± 144 Meter Bordure
2. ± 12 $m^3$ Beton fir d'Borduren
3. ± 80 Meter Tranchée fir den Eclairage public bis an d'Garage vum Fussball (3 Sockelen, 16 $m^3$ Sand, 80 m Gaine)
4. ± 403 $m^3$ Concassé (40 Zentimeter déif) oder och nach 640 Tonnen
5. ± 30 $m^3$ Gruine de Meuse (3 Zentimeter déif)

## Finanziell Donnéeën

a. am Budget wore vum Gemengerot 50.000 € virgesinn

b. de Boulodrome/ Parking gouf gebaut fir 30.087,26 €, dovunner sinn

1. 19.216,16 € fir Génie civil Aarbechten (Firma Baatz)
2. 8.195,11 € fir d'Luuchten (Firma AEM Lighting)
3. 2.675,99 € fir d'Installatioune vun de Luuchten (Firma Kaufmann & Biesen)

Duerch d'Conventioun mam Entrepreneur ass de Poste Génie civil vun 35.240,87 € op 19.216.16 € erofgaangen.

c. E Subside du Ministère des Sports: pour aménagement d'une piste de pétanque/ Boulodrome au lieu-dit „Am Géier" ass am Kader vum onzième programme quinquennal d'équipement sportif couvrant la période de 2018 à 2022 am Februar 2018 approuvéiert gi fir 6.900 € (± 25% vum montant susidiable au titre sportif de 27.581,55 €)

d. E finale Käschtepunkt ass 23.187,26 €, dat sinn dann nach just 46,37 % vum Budget



**Aweiung vum Boulodrome/ Parking wor Samsdes, den 21. Oktober 2017**

| | |
|---|---|
| d'SCHIERENER BULLEMETTIEN | fir den Service Technique vun der Schierener Gemeng |
| **Romain GOERENS** | **Michel PUTZ** |
| *President* | *Dipl. Ing.* |

# SCHIERENER BULLEMETTIËN

## AWEIUNG vum TERRAIN DE PETANQUE/PARKING
## Samsdes, den 21. Oktober 2017 – 11:45 am Géier

**Begréissen konnte mer dee Moien aus der Schierener Gemeng:**

- de Buergermeeschter:
  den Här André SCHMIT
- d'Schäffen:
  d'Hären Camille PLETSCHETTE
  an Francis WIRTH
- déi nei Schäffen:
  den Här Eric THILL an
  d'Madame Tessy LUTGEN-KRIES
- d'Gemengeconseillere:
  d'Madame
  Susi HANSEN-PFEIFFER
  an d'Häre
  Claude MOHNEN,
  Patrick HEISCHBOURG a
  Jos BIRCHEN,
- den Techniker vun der Gemeng Schieren:
  den Här Michel PÜTZ

**vun der Letzebuerger Bullen a Pétanque Federatioun**

- hire President,
  den Här Gérard SCHNEIDER
- an hiren Tresorier,
  den Här Roland BREUSKIN

**an och nach**

- d'Comitésmembere vun de Schierener Bullemettien
- d'Presidenten an d'Vertrieder vun de Schierener Veräiner
- eng Parti Grënnungsmemberen
- nei Memberen,
- eis Frënn a Sponsoren



Nodeems de President vun de Schierener Bullemettiën, Romain GOERENS, kuerz d'Chronologie vum Veräin mä och d'Initiativ vum Comité fir am Januar 2015 dem Schäfferot vun der Schierener Gemeng d'Iddi vun engem Terrain de Pétanque/Parking ze presentéieren, beschriwwen hat, wor et um Här Buergermeeschter vun der Gemeng Schieren, André SCHMIT, fir d'Sportspolitik vun der Gemeng z'erklären an awer och dei eenzel Etappen, d'Problemer mä och déi glécklech Zoufäll vum Projet ze beschreiwen.

An der Ried vum President vun der Fédération Luxembourgeoise de Boules et de Pétanque, Gérard SCHNEIDER konnt een d'Satisfactioun vun der Federatioun iwwert d'Réussite vum Projet eraushéieren

Ze bemierken ass och nach, datt mat der Installatioun vun enger „dimmbarer" Beleuchtung och dru geduecht ginn ass, fir de Spiller no hirer Schaff ideal Konditioune fir hire Sport ze garantéieren

Mat engem Éirewäin, offréiert vun der Gemeng Schieren, gouf den offiziellen Deel vun der Aweiung ofgeschloss.

Fir den Terrain och sportlech anzeweien, hat de Veräin en Tournoi iwwert de ganzen Dag organiséiert.



Och wann d'Wieder sech nit grad vun senger schéiner Säit gewisen hat, sollten eng 50 Spiller déi verschidde Mätcher ausdroen an den 1. Präiss ass vun den Hären Nicolas HEYAR a Jérôme VERONESE vum Boule d'Or mat op Esch gehol ginn.

Bei e puer gesellege Stonnen an engem gudde Patt gouf de memorablen Dag a senger nach jonker Veräinsgeschicht ofgeschloss.

Et kann een de Schierener Bullemettien, als „ Ideengeber„ an der Gemeng Schieren, als Réalisateur nit dacks genuch felicitéieren dat dei WIN/WIN- Story, mat séier wéineg Steiergelder voll réusséiert ass.

An de Message kann nëmme sinn :

Mir hunn eng super Anlag a sollten dat Bescht draus maachen ...

*Romain GOERENS*
*President SCHIERENER BULLEMETTIEN*



## F.L.B.P. Championnat 2018

### d'SCHIERENER BULLEMETTIEN spillen och 2018 an der 6. Saison am F.L.B.P.-Championnat mat.

23 Memberen sinn disponibel fir déi 12 Manche vum Championnat an der 2. Divisioun ze spillen, an dat wieren :

**5 Spillerinnen :**

FASSBINDER - SCHAMMO Mara
FRISING - MENTIL Nunzi
LATIC - RAMDEDOVIC Hajrija
MICHELS - SCHIAVONE Rose
REITER Christiane

**18 Spiller :**

BARTHOLME Raymond
BERWICK Guy
FASSBINDER Christian
FRISING Marcel
GARSON Carlo
GOERENS Romain
GUERREIRO Casa Nova
KEMP Romain
KOLIC Mirsad
LATIC Edin
LATIC Elvir
MOHNEN Claude
MULLER Roland
MURATOVIC Anes
SCHMITZ Jean-Pierre
SIMON Pierre
SPAHIC Safet
THILL Georges

### STAGE mam Nationaltrainer fir d'Preparatioun op d'Championnat 2018

De Comité vun de Schierener Bullemettien hat keng Fraisen gescheit fir Samsdes, 10. März 2018 seng Spiller op Bieles-Metzerlach an de nationalen Boulodrome vun der Federatioun ze invitéieren.



Ënnert der Leedung vum Nationaltrainer Dr Klaus-Dieter WIEBUSCH hunn 18 Spillerinnen a Spiller un engem Stage vun engem Dag deelgehol fir d'Technik an d'Taktik ze verbesseren.

Bei engem gemeinsame Mëttegiessen mam Nationaltrainer Wiebusch an dem FLBP-President Schneider ass och den Ekippegeescht opgefrëscht ginn.

## BULLEMOIEN

De Veräin hat och all seng Memberen op e„ Bullemoien „ Sonndes, 25. Februar 2018 op den Boulodrome zu Schieren am Géier invitéiert.

No enger Taas Kaffi mat engem Croissant goufen eng Parti TRIPLETTE gespillt.

33 Memberen hunn bei - 2 a - 4 Grad (gefillten - 8 bis -11 Grad) hir Matcher ausgedroen.

Fir déi vill Efforten vu Sonndes Moies ze verkraaften hat d'Jessica Schmitz„ Penne Arrabiata„ am Club House vum Tennis zerwéiert.

Grousse Succès !!!






## Memberen

**d'Schierener Bullemettien hunn op de 15. März 2018 :**

80 Membren (53 Hären / 22 Dammen a 5 Kanner) dovunner 29 Léit mat enger Lizenz



## TRAINING

Den Training ass all Méindes vun 18:00 bis 20:00 op dem Boulodrome zu Schieren am Géier

Individuellt Spillen ass och zu jidder Zäit „wëllkomm"



## FRAEN A MAMMEN SCHIEREN HIERSCHT 2017

Den 28. September hu mir en Dagesausfluch op Aachen (Oochen) gemaach. Mir haten eng Visite Guidée vum Doum. Duerno war jidderee fräi fir déi schéi Stad ze besichtegen.



Den 11. Oktober war eisen Dekanatsausfluch an d'Éisleck. Mir waren op Kaalber, wou den Här Eilenbecker eis seng Ourdall Produktioun virgestallt huet an eis am Detail Informatiounen ginn huet. D'Mëttegiessen hate mir beim Reiff zu Fëschbech.

Den 24. Oktober hate mir zu Schieren eise besënnlechen Hierschtnomëtteg. D'Madame Graul, eis Nationalpresidentin hat fir Thema: „Déi nei Struktur an d'Zukunft vun der ACFL". Mir hunn dem Comité National e Scheck iwwerrecht (Erléis vun eisem Summerfest 2017).



Den 25.November war, wéi all Joer, eis Chrëschtfeier. Eis Membere waren déck vertrueden. Et huet gutt geschmaacht. Eis Tombola hat grousse Succès.

Hellegowend hu mir no der Mass de Glühwein zervéiert.



## FRAEN A MAMMEN SCHIEREN – AKTIVITÉITEN 2018

Den **6. Februar** hate mir d'Generalversammlung vun der ACFL zu Kolmer.

Den **13. Februar** war zu Ettelbréck eng Mass fir eeler a krank Leit.

De **27. Februar** war eis Generalversammlung zu Schieren. Mir hate vill Leit.

Eise Pättchen an eis Schnittercher si gutt ukomm! Mir konnten 4 Chèquen iwwerreechen :

- Häerzkrank Kanner zu Lëtzebuerg
- Blëtz a.s.b.l.
- Bonnievale a.s.b.l.
- APEMH.

Den **2. Mäerz** war de Weltgebietsdaag zu Beggen.

De **19. Mäerz** war d'Jousefsfeier zu Ettelbréck an der Kierch.

Da war de **25. Mäerz** op Pällemsonndeg, eise Bazar.

Dëst Joer ass den Erléis geduecht fir den Autimus, de Plooschter-Projet an d'Initiative Liewensufank.

# Chorale Schieren

## HIERSCHTOWEND CHORALE

Eisen Hierschtowend den 21.10.2017, wou, wéi schonns dat lescht Joer nees eng gutt Paella zerwéiert gouf, hat och dëst Joer vill Succès. Mee d'Leit sinn net alleguer frou mat Räis, an esou gouf et als Alternativ e Fleeschteller.





## GENERALVERSAMMLUNG CHORALE

An der Generalversammlung den 18.01.2018 huet de President Jean-Paul Meisch all uwiesend Notoritéiten, Frënn vum Gesank a Sänger begréisst. No dem Aktivitéitsbericht vun der Sekretärin Margot Majerus, an dem Keesserapport vum Maggy Meisch, huet de John Düsseldorf, Vertrieder vum Piusverband, zesumme mat dem Buergermeeschter André Schmit folgend Medailen iwwerreecht :

Marc Garson fir 40 Joer Member am Piusverband, Louise Post fir 30 Joer Memberschaft, Sonja Schneider fir 10 Joer Memberschaft. Allen dräi goufen och mat der UGDA Medail geéiert. Et gouf och e Cadeau fir déi Leit mat de meeschte Prouwen, esou och fir déi Memberen, déi vun auswäerts an d'Prouwe kommen.

D'Schlusswuert huet de Buergermeeschter un d'Chorale adresséiert.

Den Owend gouf mat engem gudde Pättchen a mat engem klenge Maufel ofgeschloss.



## KLENG KIERMES DE 04.02.2018

Den 04. Februar 2018 hat d'Chorale op d'kleng Kiermes invitéiert.

Eng feierlech Houmass gouf vun der Chorale Hengescht-Fëschbech-Kaalber gesongen.

Ab 11:30 Auer gouf den Apero zerwéiert, an duerno gouf et e gudde Kiermesmenu. Eis Kächinnen hate vill Stonnen virbereet fir eng  gutt Rëndsbritt an eng hausmaacher Paschtéit mat Fritten an Zalot kënnen ze zerwéieren. Eng grouss Auswiel war um Dessertsbuffet,





wou haaptsächlech hausmaacher Gebäck, Crèmen, Zockerwäffelcher a Kichelcher vill séiss Mailercher ugelackelt huet.

140 Leit hat et wonnerbar geschmaacht an esou goung e grousse Luef an d'Kichen.









### Nächste Rendezvous :

### Concert vun der Chorale am Alen Atelier, samschdes den 07.07.2018

!!! Nach eemol e waarmen Appell un all déi Leit déi gäre sangen. Mir brauchen an eiser Chorale onbedéngt Verstäerkung, an all Stëmm ass wëllkomm. Eis Prouwe sinn am Moment donneschdes owes vun 18:30 bis 20:30 Auer.

# Gaart an Heem Schieren

## Quetschefest, den 24. September 2017



De 24. September hate mir eist Quetschefest mat Kaffisstuff.

Och 2017 goufen et keng Quetschen zu Schieren an och net zu Glabech, dofir hu mir décidéiert, Quetschen ze kafen.

Mir hunn 300 kg Quetschen op zweemol gekacht.

Eis Kaffisstuff am alen Atelier war gutt besicht. D'Quetschentaarten an eist anert Gebäck si gutt fortgaangen, d'Nofro um Quetschekraut war grouss.









Och beim Comptoir war eng weider lass.

Merci all deene fläissegen Hänn, déi eis gehollef hunn, sief et beim Quetschen Opmachen, beim Kachen, beim Baken, an der Kaffisstuff oder beim Verkafen vun eisem Quetschekraut.



CTF
Association Agricole
Ligue Luxembourgeoise du Coin de Terre et du Foyer

## Generalversammlung, den 9. Dezember 2017



Eis Generalversammlung hate mir Samschdes, den 9. Dezember am Neie Sall.

De President Jean-Paul Meisch huet d'Leit am Sall begréisst an no enger Gedenkminutt fir d'Verstuerwen vum Veräin ass hie kuerz op d'Joer 2017 agaangen.

Am Tätigkeetsbericht ass d'Sekretärin Gréitchen Bertemes op di verschidden Aktivitéiten, wéi d'Mammendagsfeier, den Tur un de Bodensee, Léiffrawëschdag, d'Quetschefest agaang.



Trotz dem Quetschefest huet de Veräin d'Joer mat engem klenge Minus ofgeschloss.

Zum Ofschloss gouf d'Tombola gezunn an d'Leit am Sall kruten e kille Pättchen zerwéiert.

## Krëschtmaart, den 14. Dezember 2017

Donneschdes, de 14. Dezember ware mir mat Voyages Schmit op de Krëschtmaart op Oochen.

No enger gemittlecher Kaffispaus am Restaurant Le Jardin zu Oudler gung et dunn op Oochen.

D'Leit waren de ganzen Dag fräi a konnten an aller Rou iwwer de Krëschtmaart trëppelen a sech an de Geschäfter ëmkucken.

## 2018 sti folgend Aktivitéiten um Programm:

1. **30. Mee:** en Tur vun engem Dag: Mir besichtigen den Wieweratelier vum Lily Weisgerber an d'Straussefarm vum Martine Axmann-Reuter zu Konter.
2. **9. Juni:** Mammendaagsfeier.
3. **15. August:** Léiffrawëschdag.
4. **22. September:** en Tur vun engem Dag: Mir besichtigen d'Ausstellung "Fleuramour" zu Alden-Biesen an der Belsch.
5. **30. September:** Quetschefest.
6. **8. Dezember:** Generalversammlung.

Mir brauchen ëmmer nach Leit fir an eise Comité.

Mellt Eech bei eis:

| | |
|---|---|
| President: | MEISCH Jean-Paul<br>Tel. 81 83 24 |
| Vize-President: | HANFF Robert<br>Tel. 81 80 04 |
| Sekretärin: | BERTEMES-SCHMITZ Marguerite<br>Tel. 81 83 06 |
| Member: | BLASIUS-ZENNER Marga<br>Tel. 81 23 32 |

# Porequippe

## Floumaart,Bichermaart a Kaffisstuff 8. Oktober 2017

De Floumaart war 2017 op de Wahlsonndeg gefall, en idealen Dag, well ganz Schieren huet misse laanscht de Festsall goen fir an de Wahlbüro. Scho moies um 11:00 Auer hate mir eis Kaffisstuff voll sëtzen, di eng hunn den Apero genoss, di aner de Kaffi mam Croissant.

Ob eisem Floumaart fënnt ee fir all Alter, Bijoue fir di jonk Meedercher, Autoe fir kleng Jongen, Parzeläin, Glieser a Bettgedecks fir d'Studenten, eng nei Posch fir d'Mamm oder d'Bomi, en Drucker fir de Papp, Placke fir de Bopi a Bicher fir jiddereen!

An eiser Tombola hate mir och e puer flott Artikelen. Fir ze gewannen huet ee misse rode wéivill Meter Fuedem am Amaachglas dra waren.

Vun 12:00 bis 14:00 Auer ass et e bësse méi roueg ginn, ab 16:00 Auer hate mer de Sall nees komplett gefëllt an dat bis Feierowend. Ab 18:00 Auer ass dunn an engem Rekordtempo nees alles agepaakt ginn, an dat Dank eise ville Mataarbechter. Merci all deene Leit, di eis all Joer baken a beim Aus- an Apaken hëllefen, ouni iech wier de Floumaart net ze realiséieren. Eng ganz Woch hu mer gebraucht bis mer alles ausgepaakt haten, an alles op der richteger Platz stoung, an dräi Stonne war nees alles agepaakt an um 1. Stack stockéiert.



D'Kanner a Südafrika konnten sech nees freeën ob en décke Scheck, dee mir wéi och di lescht Joeren, beim Neijoerschpatt iwwerreecht hunn!





## Massendénger – Adventsbazar 26. November 2017

Dëst Joer hu mir och nees emol Zäit fonnt fir mat eise Massendénger ze bastelen an ze baken. D'Baken ass bei hinnen alleguerte super ukomm, jiddereen dee konnt war derbäi. D'Bastelen ass éischter eng Saach fir d'Meedercher!



Bei den Adventskränz hunn eis di grouss Massendénger, di eis heiansdo nach ënnerstëtzen, eng Hand ugepaakt, an och 2 Mammen hu fläisseg geschafft.





De 26. November no der Sonndesmass, hunn eis Massendénger d'Adventsdeko, d'Kränz an d'Kichelcher verkaaft. Den Adventskranz konnt een bestellen, an d'Leit hunn op Wonsch hire Kranz heemgefouert kritt.



## Hellegowend 2017

Fir Hellegowend Kanner ze fannen, déi beim Kréppespill matmaachen, gëtt all Joer méi schwiereg. En Text léieren, prouwen, Hellegowend do sinn, dat ass net ëmmer einfach! Ausserdeem ass et säit et de Reliounsunterrecht net méi an der Schoul gëtt, ganz schwéier ginn, un d'Kanner erunzekommen. Et war eng normal Saach, datt an der Schoul iwwer Chrëschtdag, de Jesus a seng Gebuert am Stall geschwat ginn ass. Et war normal datt een am drëtte Schouljoer seng 1. helleg Kommioun mécht. No der Kommioun sinn der och nach eng Rei fir e puer Joer an d'Massendénger gaangen.

Haut ass fir ganz vill Kanner Chrëschtdag, Chrëscht sinn, Hellegowend, Krëpp, keen Thema méi!



Trotzdeem hu mir et fäerdeg bruecht mat nëmme 5 Kanner, de Leit ze weise wat da Chrëschtdag ass! Mir hoffen, datt mir des Traditioun op Hellegowend nach kënne weiderféieren.

## Mat de Massendénger op der Äispist zu Beefort – 16. Februar 2018



Scho ganz laang ware mir net méi op der Äispist. Fir sech besser kennen ze léieren hu mir eis de Massendénger vu Colmer-Bierg ugeschloss a ware mat hinnen ob Beefort Schlittschong fueren. E flotte Nomëtteg hu si zesumme verbruecht a nei Frëndschafte konnte geschloss ginn.

Wéi der gesitt, bei de Massendénger ass ëmmer eng lass! Bis zur Summervakanz sinn nach aner Aktivitéite geplangt, ënner anerem d'Klibberen, wat eis nächst Aufgab ass.

Wëlls du och Massendénger ginn, bass gedeeft, gees schonn an d'Primärschoul oder an di grouss Schoul, da mell dech beim Gillen-Metz Josiane op dëser Nummer: GSM 621 813 679

## 5000.- € an Vereinigung Bonnievale –Projects asbl-ONGD überreicht




Am 7. Januar 2018 hatte die Schierener Parekipp zu ihrem traditionellen Neujahrsempfang geladen um auf das Jahr 2018 anzustoßen.

Präsident Camille Schartz dankte den Anwesenden, dass sie der Einladung gefolgt waren und bedankte sich ebenfalls bei allen, die während des Jahres die Aktivitäten der Gemeinschaft auf irgendeine Art und Weise unterstützt haben.

Er wünschte allen, mit Hoffnung in die Zukunft zu schauen und sich nicht vom Negativen beeinflussen zu lassen.

Im Rahmen dieser Feierlichkeiten wurde zum 11. Mal ein Scheck aus dem Erlös des jährlichen Flohmarktes an die Vereinigung Bonnievale –Projects asbl-ONGD überreicht.

Nachdem im Jahre 2007 der erste Scheck in Höhe von 2500 € überreicht wurde, hat sich diese Summe bis zu diesem Jahr verdoppelt, also 5000€ gespendet wurden.

Herr Francis Faber, Präsident von Bonnievale-Projects, bedankte sich und zeigte sich erfreut dass die Parekipp die Slumkinder aus Bonnievale in Südafrika schon so lange unterstützt. Das Geld wird in die gesamte Projektstruktur einfließen und so allen Kindern, Jugendlichen und Betreuern zugute kommen. So wird die schulische und außerschulische Betreuung weiter gewährleistet, um den Kindern eine bessere Zukunft zu ermöglichen. Geplant sind unter anderem der Ausbau eines Sportplatzes sowie ein neues Gebäude mit Küche und Sanitäranlagen. Aus aktuellem Anlass, wegen der großen Trockenheit im Gebiet des Projektes, ist ein Brunnen in Planung von nicht trinkbarem Grauwasser zur Nutzung von Sanitäranlagen sowie zur Bewässerung.

Das Datum des Flohmarktes 2018 liegt bereits fest: Sonntag, 14. Oktober 2018.

*[Text a Foto: C. Schartz]*

# Club des Jeunes Schieren



De Club des Jeunes Schieren huet déi grouss Freed Iech matdeelen ze dierfen dass déi Schierener Jugend erem am Duerf aktiv ass. Mir zielen aktuell em dei 25 Memberen, an natierlech ass Jiddereen ab 16 Joer an Jiddereen deen sech nach jonk fillt, häerzlech wëllkomm eisem Club bäizetrieden.

Als Ziler hun mir selbstverständlech wéi et sech fir eng Jugend gehéiert, déi Jugendlech vum Duerf mateneen zesummen ze bréngen a eppes ze organiséiren. Duerfir hu mir décidéiert de 7. Juli eisen éischten Event ze starten wou mär e Fussballstournoi am Duerf op d'Behn stellen an ahner Club des Jeunes inviteiren, natierlech kann awer Jidereen eng Equipe zesummestellen a sech bei äis umellen! Detailer zu dësem Event kommen no!

Dësweidere wëlle mir äis am Duerf engagéiren fir beispillsweis de Kleesschen zeréck bei d'Schierener Kanner ze bréngen, d'Chreschtbeemecher anzesammelen, un der Fréijoorsbotz deelzehuelen, a mat den Schierener Veräiner zesummen ze schaffen.

Op onserem Logo hu mir den Hirsch deen mir Enn Summer an am Hierscht héieren an de Villchen deen um fréien Moien den éischte Wuerm fänkt. A kloer dierf de Béierchen, deen ons all zesummeschweest, net fehlen.

CLUB DES JEUNES

SCHIEREN



Eise Comité setzt sech aus 8 Leit zesummen, an dat sinn:

- De Rui Peneda - Präsident
- De Carlo Schmitz - Vize-Präsident
- De Michel Dostert an den Ben Feinen deelen sech de Posten als Sekretär.
- De Noah Leuck an den Philip Michels deelen sech de Posten als Caissier.
- De Gene Garson an den Steve Simon sinn eis stëll Memberen.

Fir weider Froen an Infoen kennt dir äis gären eng Mail maachen op cdjschieren@hotmail.com

Mir soen der Schierener Gemeng villmols merci fir hiert Vertrauen an hoffen op eng gutt Zesummenaarbecht souwuel mat der Gemeng wéi och mat de Schierener Veräiner.

*Äre Club des Jeunes Schieren J ☺*

# Nordstadjugend

Léiw Jonker,

Vun Abrëll u leeft eppes méi an denger Gemeng an zwar wäert d'Nordstadjugend mam Ludobus um Tour sinn. E Minibus voll gepaakt mat Gesellschaftsspiller, Outdoorspiller a Sportsmaterial, déi iech an äre Kollegen zur Verfügung stinn.

Mir hoffen, vill vun Iech op äre verschiddene Treffpunkten, ewéi Parken, Multisportterrainen, Spillplazen, Schoulhäff oder aner Plazen ze begéinen an datt et Iech esou schnell net langweileg gëtt! Bis 26 Joer an ab dem 6. Schouljoer kënnt dir, bei guddem ewéi bei schlechtem Wieder, laanschtkommen an zesummen e flotten Nomëtten verbréngen.

Hei kënne mir och nei Iddien zesummen entwéckelen an ëmsetzen. Eis Ekipp, bestoend aus professionelle Jugendaarbechter, freet sech mat dir op Action, Spiller a villes méi.

Deemnächst fannt dir d'Datumer vun eisem Tour op eiser Homepage an op verschiddene Plazen an ärer Gemeng.




**Besicht eis op www.ludobus.lu fir weider Detailer.**

Ee weidere grousse Rendez-Vous vun der Nordstadjugend ass den 19. Mee, wou eis traditionnel « Teenage Dream » fir Jonker am Alter tëscht 11 a 15 Joer stattfënnt. Dobäi ass d'Teenage Dream awer wäitaus méi , wéi eng normal Jugendparty: mir ginn eis de Stempel „jugendgerecht", fräi nom Motto 100% Spaass, Partystëmmung an Informatioun bei 0% Alkohol.

**Weider Infoen fannt dir op www.nordstadjugend.lu**

## Kalenner d'„Nordstadjugend on Tour" mam „LUDOBUS"

| Dag | Datum | Auerzäit | Duerf | Plaz |
|---|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 02.05.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Colmer-Bierg | Am Park bei der Schwemm |
| Denschdes | 08.05.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Gilsdref | Am Schoulhaff |
| Mëttwoch | 09.05.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Bierden | op der Spillplaz hannert dem Centre a Maesch |
| Dënschden | 15.05.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Feelen | Um Parking bei der Schoul |
| Mëttwoch | 16.05.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Mäerzeg | Am Park (vis-a-vis vun der Kierch ) |
| Dënschden | 22.05.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Schieren | Am Park (bei der Schoul) / hannert der Kierch |
| Mëttwoch | 23.05.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Méischtref | Virun der Aler Schoul |
| Dënschden | 29.05.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Beefort | Beim Kiosk bei der Schoul |
| Mëttwoch | 30.05.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Colmer-Bierg | Op der Grillplaz bei der Cité Morisacker |
| Dënschden | 05.06.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Feelen | Um Parking bei der Schoul |
| Mëttwoch | 06.06.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Mäerzeg | Am Park (vis-a-vis vun der Kierch ) |
| Dënschden | 12.06.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Ierpeldeng-un-der-Sauer | Am Schoulhaff / Multisportterrain |
| Mëttwoch | 13.06.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Schieren | Am Park (bei der Schoul) / hannert der Kierch |
| Dënschden | 19.06.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Bettenduerf | Um Multisportterrain beim Pompjeësbau (Camping) |
| Mëttwoch | 20.06.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Beefort | An der Härewiss |
| Dënschden | 26.06.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Feelen | Um Parking bei der Schoul |
| Mëttwoch | 27.06.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Colmer-Bierg | Am XII am Morisacker |
| Dënschden | 03.07.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Mäerzeg | Am Schoulhaff |
| Mëttwoch | 04.07.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Bierden | Um Futtballterrain beim Reservoir |
| Dënschden | 10.07.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Beefort | Beim Kiosk bei der Schoul |
| Mëttwoch | 11.07.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Schieren | Am Park (bei der Schoul) / hannert der Kierch |
| Dënschden | 17.07.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Bettenduerf | Beim Grillchalet bei der Bréck |
| Mëttwoch | 18.07.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Colmer-Bierg | Am Park bei der Schwemm |
| Dënschden | 24.07.2018 | 15:00 - 18:30 Auer | Feelen | Um Parking bei der Schoul |

# Red Barons

Nodeems mir den ganze Summer un der Ariichtung an der Renovatioun vun eisem Clubsall geschafft hunn, konnt d'Championnat lassgoen, an den 13. Oktober war et dunn esou wäit: 1. Championnatsmatch vun den Red Barons!

An der 2. Divisioun kréie mir et gréisstendeels mat B-Ekippen ze dinn, an sou waren et zum Optakt vun der Saison d'Spiller vum Snake Darts, eng Ekipp déi zu Izeg doheem ass, déi de Wee op Schieren ugetruede sinn. No spannenden 4,5 Stonne konnten d'Baronen dann och, wéi dat bal huet misse sinn, den Owend mat 12-8 beschléissen an sou en 1. W an hieren Palmarès markéieren.



Nodems dann elo d'Retourmatcher Enn Februar ugefaang hunn, an d'Ekipp vun den Dart-O-Holics sech aus dem Championnat zeréckgezunn huet, sti mir mat 5 gewonnene an 5 verluerene Matcher an engem Gläichspill, komplett ausgeglach op der 7. Plaz an der Tabell.

Desweideren konnten mir nach 2 nei Spiller rekrutéieren. Zënter November gehéieren de Christian Arend (Moersdorf bei Wasserbillig) an den Claude Tibessart (Schierener Original) och zu de Barons. De leschte Match vun der Saison, wat idealerweis och en Heemmatch ass, spille mir den 8. Juni, verbonne mat enger Ofschlossfeier, bei där och all d'Frënn vum Schierener Dartclub wëllkomm sinn.


## 2. Divisioun

| PL | TEAM | GESP | GEW | GL | VRL | SCORE | DIF | SETS | DIF | PKT |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | DART VADERS B | 12 | 9 | 0 | 2 | 135 – 85 | 50 | 304 – 224 | 80 | **27** – 6 |
| 2 | DE GELLENE LEIW | 12 | 8 | 1 | 2 | 132 – 88 | 44 | 316 – 236 | 80 | **25** – 8 |
| 3 | SD TUGAS DARTS | 12 | 8 | 0 | 3 | 122 – 98 | 24 | 291 – 238 | 53 | **24** – 9 |
| 4 | LAKERTEN | 12 | 7 | 2 | 2 | 129 – 91 | 38 | 300 – 242 | 58 | **23** – 10 |
| 5 | DE GAME DARTS | 12 | 6 | 1 | 4 | 122 – 98 | 24 | 295 – 247 | 48 | **19** – 14 |
| 6 | SNAKE DARTS B | 12 | 5 | 1 | 5 | 114 – 106 | 8 | 276 – 261 | 15 | **16** – 17 |
| 7 | RED BARONS SCHIEREN | 12 | 5 | 1 | 5 | 111 – 109 | 2 | 285 – 264 | 21 | **16** – 17 |
| 8 | TRIPLE FOCUS | 12 | 4 | 1 | 6 | 106 – 114 | -8 | 262 – 276 | -14 | **13** – 20 |
| 9 | EISLEKER LEIWEN | 12 | 2 | 1 | 8 | 102 – 118 | -16 | 257 – 294 | -37 | **7** – 26 |
| 10 | COSA NOSTRA | 12 | 2 | 0 | 8 | 72 – 128 | -56 | 196 – 293 | -97 | **6** – 24 |
| 11 | CRYSTAL DARTS B | 12 | 0 | 0 | 11 | 55 – 165 | -110 | 158 – 365 | -207 | **0** – 33 |
| 12 | DART - O - HOLICS B | 12 | 0 | 0 | 0 | 0 – 0 | 0 | 0 – 0 | 0 | **0** – 0 |


Invitatioun
Virowend vum Nationalfeierdag
Freides, den 22. Juni 2018
19:00 Te Deum an der Kierch
am "Alen Atelier"
20:00 Usprooch vum Buergermeeschter
Iwwerreesche vun de Verdéngschtmedaillen
20:45 opstelle fir de Fakelzuch
21:00 geet de Fakelzuch lass
22:00 Vollekfest
Éirewäin offréiert vun der Gemeng
Danzmusek mam bekannten Orchester
Mëllerdall Sound Devils
Schieren feiert, feiert mat !
Org. Kulturkommissioun zesummen mat der Gemeng an de Veräiner


AUSSTELLUNG
an der Vollëkskichen
D'Kulturkommissioun vun der Gemeng Schieren invitéiert op hier Ausstellung vun a mat Schierener Artisten.
et stellen fir iech aus:
Cathrine Goetzinger - Jerry Schlentz - Marlène Kaell
Monique Ley a Roger Ruetze
Vernissage: Freides den 15ten Juni um 19 Auer
d'Ausstellung ass op:
Samsdes den 16ten Juni vun 14 bis 20 Auer
Sonndes den 17ten Juni vun 10 bis 18 Auer
http://kulturschieren.gms.lu


La villa de Schieren - Hercule, Amours & Co
9 Mai 2018 um 19 Auer
En Virtrag iwert d'réimesch Wandmolereien
am
Alen Atelier - 1, rue du Moulin, 9126 Schieren
op Franséisch
Véronique Biver - CNRA Luxembourg, Responsabel vum Chantier - Introductioun
Sabine Groetembril - CEPMR Soissons, UMR 8546 CNRS/ENS, Responsabel vun der Etüd - Virtrag
Terrain an Etüd
Jean-François Lefèvre
CEPMR – Soissons
Lucie Lemoigne
CEPMR – Soissons
Um Terrain
Alan Stead
Archeolog bei ArcheoConstruction SA
Pedro Da Cruz, João Pires, Manuel an d'Equipen vun ArchéoConstruction SA
Etüd an Zesummenaarbecht mam
Émelyne Dabit Boudon
Université Aix-en-Provence
Lucile Catté
Université Lyon 2
MINISTERE DE LA CULTURE
CNRA
Centre national de recherche archéologique
CEPMR
APPA
Soissons





## INTERNET + TÉLÉPHONE

Luxembourg Online SA en collaboration avec l'Antenne Collective Schieren vous propose un accès Internet à large bande via le câble TV (disponible avec un abonnement télévision). Pour la connexion à Internet via le raccordement câble, vous avez besoin d'un modem-câble et d'un amplificateur avec voie de retour.

| | LOLCABLE XS | LOLCABLE S | LOLCABLE M |
|---|---|---|---|
| Downstream(1) | 20 Mbit/s | 50 Mbit/s | 100 Mbit/s |
| Upstream | 1 Mbit/s | 10 Mbit/s | 15 Mbit/s |
| Volume illimité | ✔ | ✔ | ✔ |
| Abonnement tel. fixe | ✔ | ✔ | ✔ |
| Installation | ✖ Installation offerte | ✔ Installation **OFFERTE!** | ✔ Installation **OFFERTE!** |
| Prix | 29,00€ /mois | 41,00€ /mois | 46,00€ /mois |
| Location Fritz!Box 6490(€/mois)(2) | 6,00€ | 6,00€ | 6,00€ |
| Pack avantage téléphonie (€/mois)(3) | 4,50€ | 4,50€ | 4,50€ |
| Installation | 60,00 € | | |

**Cable Phone Schieren :** Branchez votre téléphone analogique au modem-câble fourni et communiquez à des tarifs avantageux. Tous les tarifs sur **www.internet.lu**. ÉCONOMISEZ LES FRAIS D'ABONNEMENT D'UNE LIGNE TÉLÉPHONIQUE !

(1) Débit maximum annoncé. (2) Optionnel si le client possède le modem compatible, faire attention si modem câble supporte les vitesses. (3) Appels nationaux fixes illimités sauf numéros spéciaux (type 800, 900, jeux, televoting, services érotiques, etc.), SMS sauf surtaxés. Appels vers mobiles LOL illimités. 120 minutes vers les fixes d'Europe ( Pays membres de l'U.E ).

ANTENNE COLLECTIVE SCHIEREN ASBL

# Antenne Collective SCHIEREN A.s.b.l

| **À partir janvier 2018** | **Tarif Propriétaire** | **Tarif Locataire*** |
|---|---|---|
| **Taxe annuelle** | **180 €** | **264 €** |
| **Taxe Raccordement** | **850 €** | **150 €** |
| **Taxe mise en service** | **0 €** | **50 €** |

***Facturable à partir de la date de la demande**
***Durée minimale du contrat 1 an**

# MANIFESTATIOUNSKALENNER 2018

## MEE – OKTOBER

| DATUM | | WAT ASS LASS? | VERÄIN |
|---|---|---|---|
| **Mee** | | | |
| Dënschdeg | 01. | 1. Meefeier – Pilgerdag Oktavmass – | Gemeng mat de Veräiner – Pargemeinschaft |
| Mëttwoch | 09. | Powerpointpresentatioun iwwert déi restauréiert Wandmolereie vu Schieren | Véronique Biver – Gemeng |
| Mëttwoch | 09. | Quiz | Black Frogs Schieren |
| Samschdeg | 19. | Hämmelsmarsch | Schierener Musek |
| Päischtsonndeg | 20. | Hämmelsmarsch | Schierener Musek |
| Sonndeg | 27. | Thé Dansant | Black Frogs Schieren |
| **Juni** | | | |
| Samschdeg | 02. | Ofschlossfest | Black Frogs Schieren |
| Sonndeg | 03. | Radiosmass an Härläichendag | Chorale / Pargemeinschaft |
| Samschdeg | 09. | Mammendaagsfeier – | Gaart an Heem |
| Freideg | 15. | Vernissage Kënschtlerausstellung | Kulturkommissioun |
| Samschdeg | 16. | Kënschtlerausstellung | Kulturkommissioun |
| Sonndeg | 17. | Summerfest – Kënschtlerausstellung | Musek – Kulturkommissioun |
| Samschdeg | 23. | Virowend vum Nationalfeierdag | Gemeng mat der Ëmweltkommissioun |
| **Juli** | | | |
| Freideg | 06. | Generalversammlung | Football |
| Samschdeg | 07. | Familljendag – Klenge Concert | Football Jugendkommissioun – Chorale |
| Freideg | 13. | Generalversammlung | Black Frogs Schieren |
| **August** | | | |
| Dënschdeg – Sonndeg | 07.-12. | Tournoi Emile Fiedler | Football |
| Mëttwoch | 15. | Léiffrawëschdag – Tournoi Marcel Nilles | Gaart an Heem – Tennis Club |
| **September** | | | |
| Freideg – Sonndeg | 14.-23. | Tournoi Marcel Nilles | Tennis Club |
| – Freideg | 21. | Aktioun Aalt Gezai | Kolping-Jongenheem |
| Sonndeg | 30. | Quetschefest | Gaart an Heem |
| **Oktober** | | | |
| Sonndeg | 07. | Kommemoratiounsdag | Gemeng a hir Bierger |
| Sonndeg | 14. | Flou- a Bichermaart | Parekipp |
| Donneschdeg | 18. | Generalversammlung | Bullemettien |
| Samschdeg | 20. | Hierschtowend | Chorale |
| Mëttwoch | 31. | Halloween Party | Darts Club Red Barons |



Schieren

FACEBOOK.COM/GEMENGSCHIEREN

WWW.SCHIEREN.LU